PAS EN VENTE LIBRE / KEIN FREIER VERKAUF

URGENCE • NOTFALL



# Stëmm vun der Strooss

Octobre 2013 / N°76

## Editorial

Méi schnell ewéi geduecht, quasi d'Urgence geet den neie Projet vun der Stëmm vun der Strooss „Centre post-thérapeutique Mamerdall" zu Schëndels op. Dëst ënnert der Leedung vum Tania Draut.

6 Joer hues Du d'Redaktioun vun der Stëmm vun der Strooss geleet, 28 Zeitungen hues Du zesumme mat der Redaktiounsequipe erausbruecht. Am Numm vun der Stëmm vun der Strooss an am Numm vun de Lieser vun der Zeitung soe mir Dir, Tania, villmools Merci fir déi immens Aarbecht, déi s du geleescht hues. 28 Zeitungen, 28 verschiddenen Themen, eng méi interessant ewéi di aner.

D'Tania geet, an op eemol wor et urgent e Remplaçant ze fannen. Ech hu mech gemellt, ech gouf geholl. Duerf ech mech hei kuerz virstellen, Michel Hoffmann ass mäin Numm, schaffe säit zimlech genee engem Joer bei der Stëmm an iwwerhuelen ab elo d'Redaktioun. Vill nei Erausfuerderunge sti mer bevir, an ech hoffen, ech ka menger Virgängerin gerecht ginn.

Wat maache bei engem Noutfall? Wéi funktionéiert eigentlech d'Rettungsketten am Fall vun enger Urgence? Dës a weider Froen hu mer eis gestallt, wéi mer enges Daags eng Kéier hu missen d'Ambulanz ruffen, well ee vun eise Clienten am Treffpunkt zesummegaangen ass. En interessant Thema fir eng Zeitung ze maachen, hu mer eis geduecht. Et voilà … 112 an 113 sinn déi Telefonsnummeren, déi deene meeschte vun Iech wahrscheinlech bekannt sinn. Mee doriwwer eraus ginn et nach aner Organisatiounen, déi ee bei deene verschiddensten Noutfäll ka kontaktéieren.

An dëser Ausgab hu mer versicht e bëssi hannert de Rideau ze kucken. Mat der Organisatioun ProFamilia hu mer eis ënnerhalen a sinn dobäi spezifesch op d'Thema Fraen an Nout agaangen. Infomann huet eis iwwert hir Aarbecht zum Thema Männerberodung opgekläert. Wat passéiert, wann een op den 112 oder den 113 urifft? D'Stater Beruffspompjeeën hunn eis en Abléck an hir Aarbecht ginn an eis den Alldag vun engem Beruffspompjee méi no bruecht. D'Madame Franck Carole, Infirmière aus der Zitha Clinique huet eis erklärt, wéi en « normalen » Dag an der Noutopnam ofleeft. Net ze vergiessen d'Air-Rescue. Ouni eng effektiv Hëllef aus der Loft wier schonn sou munchen Accident déidlech verlaf. Dës weideren hu verschidde Memberen aus der Redaktioun hir ganz perséinlech Erfahrungen zum Thema Urgence néiergeschriwwen a sinn dobäi mol méi -, mol manner kritesch mat verschiddenen Organisatiounen an d'Geriicht gaangen.

Ech wënschen Iech, léif Lieser vill Spaass beim Liesen.

*Michel Hoffmann*






Que celui ou celle qui sait lire, lise et partage ce journal avec celui ou celle qui n'a pas pu apprendre à lire !

Lieber Leser, teilen und lesen Sie diese Zeitung mit den Menschen, die das Lesen nicht lernen konnten!

# URGENCE · NOTFALL









| | |
|---|---|
| Editorial | 2 |
| | |
| Interview matt der Madame Frank | 4 |
| Interview mam Här Guy Bley | 8 |
| Interview mat den Hären Reuter, Reinard an Dichter | 12 |
| Rückfall | 14 |
| Interview mat der Madame Meisch | 16 |
| Interview mam Här Spautz | 20 |
| Notruf Notfall | 23 |
| Notdienste/Services d'urgence | 24 |
| Interview mam Här Kauffmann an mam Här Heiles | 26 |
| Eine Frage der Zeit | 29 |
| Informatiounen zur Air Rescue | 30 |
| Selbstmordgedanken | |
| Akute Gefahr oder nur unsinnige Einbildung? | 31 |
| Eine wahre Geschichte | 32 |
| COOLtour | 33 |
| De Mann mam Hummer | 33 |
| Cas spéciaux aux urgences | 34 |
| Leserecke | 35 |
| Femmes en détresse | 36 |
| Obdachlosegkeet zu Lëtzebuerg | 37 |
| Klick | 38 |
| | |
| Info | 40 |
| Impressum | 40 |


Rejoignez-nous sur facebook
Join us on facebook
Werde Mitglied auf facebook



© .marqs / photocase.com

# Interview

## matt der Madame Frank,

### aus der Urgence vun der Zitha-Clinique

- **Wéivill Leit kommen pro 24 Stonnen an d'Urgence? Waat ass deen heefegs-ten Grond?**
Mir hunn tëschent 180 bis max. 250 Leit déi den Gardendaag an Urgence kommen.
Den Duerchschnëtt läit am Moment bäi +/- 220 an 24 Stonnen / Garde.
Patienten kommen aus deenen ënner-schiddlechsten Grënn an eng Urgence.
Leit matt Häerzinfarkt, Longenem-bolie, Nierencolique etc. Verletzter duerch Autosaccidenter, Aarbechtsac-cidenter, Leit matt psycheschen Prob-lemer matt Aaenproblemer ... enger ganzer Panoplie vun Ursaachen.
Vill Patienten mellen sech zesummen un, kennen awer net Alleguer direkt



vum Dokter gesinn ginn, wouduercher des Waardezäiten an den Urgencen entstinn.
Mir sinn an der Urgence zäitweileg richteg iwwerfëllt matt Patienten an kennen awer nëmmen een Patient nom Aanneren kucken.
Eng Garde fänkt Moies um 7 un, déi dauert dann bis deen Dag drop 7h00.
Moies ab 10h30 kommen déi meescht Patienten an Urgence.

- **Wéini hutt Dir den meeschten Betriib? Am Daag oder Nuets?**
Am Dag ass meeschtens méi lass wéi an der Nuecht, woubäi et vum Wochen-dag of hänkt wou mir d'Garde hunn.
D'Zitha-Clinique huet am Moment vum Juli bis den Dezember Mëttwochs Garde am Zentrum. Dësen Dag chan-géiert all 6 Méint,vum 1. Januar 2014 bis den 1. Juli 2014 wiesselt dësen Dag vun Mëttwochs op Donneschdes.
Mëttwochs, Freides an och den Week-end ass an der Nuecht méi lass well do méi Leit eraus ginn. Et ginn Nuechten do ass ganz vill lass et gëtt awer och Nuechten do ass et vill méi roueg.
Mëttwochs sinn Mëttes manner Haus-dokteren disponibel wouduercher méi Patienten direkt an d'Urgence kom-men.
Méindes Moies kommen Patienten déi sech den Weekend beim Sport etc. verletzt hunn, krank sinn an nach bäi keen Dokter waren.
Et ass eben den Risiko vun dem Service Urgence dass et ongewëss ass wéi vill Patienten den Dag an Urgence kommen.

- **Wéi gesäit ee richtege Noutfall aus?**
Mir ënnerscheeden tëschent engem internistëchem an engem chirurge-schem Noutfall. Een internistëschen Noutfall wier zb. een Häerzinfarkt, eng Longenembolie, eng epileptesch Krise, eng Nierencolique... .
Een chirurgeschen Noutfall wier een Patient matt enger Fraktur deen gefall ass (Been Aarm, Heft...) engem Autosaccident matt villen Blessuren (Polytrauma), een Aarbechtsaccident, Patienten déi vum Dach/ Gerüst gefall sin, Patienten déi se sech geschnidden hunn, Verbrennungen, Insektenstech... .

- **Wéivill Personal huet pro Schicht Déngscht?**
Am Idealfall probéieren mir matt enger Besetzung vun 8-9 Infirmièren pro Schicht am Dag ze fueren
Mir hunn 3 verschidden Dokteren, déi den Gardendaag fest am Service vun der Urgence ageplangt sin.
1 chirurgeschen Urgentist an 1 mede-zineschen Urgentist schaffen vun 7h00 - 19h00.
Den 2. medizineschen Urgentist schafft vun 10h30 -19h00 .
(Zousätzlech kann den chirurgeschen Assistent em Hëllef geruff ginn wann ze vill Patienten am Service sinn)
2 bis 3 Infirmièren schaffen an dem Beräich vun der Chirurgie.
2 x 2 Infirmièren schaffen beim mede-zineschen Urgentist.
2 Infirmièren sinn fir den Triage vum Patient zoustänneg.
An der Nuecht schaffen 2 Dokteren:




1 chirurgeschen Urgentist an 1 medezi-neschen Urgentist vun 19h00 – 7h00.
Et sinn 3 Infirmièren vun 21h15 – 6h15 op der Nuetsschicht.
Des Unzuel vun Dokteren an Personal ass noutwendeg fir den Oflaf an der Urgence optimal fir den Patient kën-nen ze garantéieren.
Déi aanner Spezialisten sinn am Hannergrond disponibel z.B. den Aen-dokter, den Urologue, den Psychiater, Neurologue, etc.
Des Spezialisten hunn den Hanner-grondsdéngscht, d.h Sie sinn fir eis Urgencen erreechbar an ginn vum Dokter geruff wann Sie fir een Avis gebraucht ginn.

- **Wéi vill Leit schaffen am ganzen an der Urgence an waat fir eng Ausbil-dung hunn Sie?**
Am Moment schaffen vum Personal hier 24 Leit an der Urgence.
22 Infirmièren / 1 Infirmier-Anästhesist / 1 Aide-soignante.
Mir sinn zu 2 Responsabel am Service déi nach eng zousätzlech Formatioun vun „Statiounsleitung" gemaach hunn.
Desweideren schafft den Groupe vun Dokteren matt 5 Urgentisten am Service.

- **Ginn et och Leit déi einfach heemginn, well et hinnen ze laang dauert?**
Natierlech kennt et ëmmer erëm fir dass et den Patienten an der Urgence ze laang dauert an Sie hirer Wee ginn.
Waardezäiten leien bäi eis am Service am Duerchschnëtt tëschent 2-3 Stonnen ( wat awer och méi laang kann sinn jee no Unzuel vun Patienten déi sech deen Dag an der Urgence presentéieren)

- **Wéi gitt dir mat Extremsituatiounen ëm, zum Beispill wann een Patient ran-daléiert oder Leit déi opgewullt sinn? Gidd dir ausgebilt fir esou Situatiounen ze entschäerfen?**
An eiser Formatioun fir Infirmière gin mir wuel an der Theorie op esou eng Situatiounen virbereed, an der Praxis gesäit et awer oft aneschters aus
Mir hun fir eis Infirmièren aus dem Ser-vice eng Formatioun gemaach fir dësen Patienten an esou Situatiounen kennen ze hëllefen an se ze ënnerstëtzen.
Wann Patienten bäi eis onroueg sinn a randaléieren, versichen mir des Patien-ten roueg ze stellen, fir sech selwer an och hiert Ëmfeld kennen ze schützen.
Dëst ass oft schwéier fir d'Patienten, well Sie selwer net wëssen dass Sie an dëser Situatioun sinn. Mir sinn dann als Personal matt dem Dokter oft esouguer matt der Hëllef vum Sécherheetsbe-amten op der Plaatz, fir des Patienten beschtens kennen ze ënnerstëtzen.

- **Kommen d'Leit och fir manner schlëmm Sachen an d'Urgence?**
Jo, dat ass jo och oft den Grond firwat mir esou vill Patienten an der Urgence hunn.
All Patient deen an Urgence kennt muss vum Dokter gesinn ginn.
Zum Beispill Dir hutt eng Grippe säit 3 Wochen, an Dir kommt elo de Garden-daag bäi eis an d'Urgence. Dir sidd fir eis net onbedéngt een Noutfall deen direkt muss vum Dokter gekuckt ginn an Dir musst ënner Ëmstänn eng laang Waardezäit op Iech huelen.
Dofir proposéieren mir den Patienten oft no Récksprooch mam Dokter, an nodeems mir d`Vitalwerter ( Blutdrock, Puls, Temperatur, Glycémie) gemoosst hunn an der Woche no 20h00 an d'Maison Médicale ze goen falls den

Patient domadder averstanen ass.
Wann mir den Weekend Garde hun, ass d'Maison Medicale (hei an der Michel Welter Strooss) vun 8h00 – 20h00 op. Wann den Patient elo „nëmmen" eng Grippe huet muss hien awer 3 Stonnen waarden fir een Rezept ze kréien fir kennen an d'Apdikt ze goen.
Et ass schued dass d'Leit net den Geste hunn fir d'éischt bäi den Hausdokter unzeruffen oder an Maison Médicale ze goen éier Sie sech op den Wee an Urgence maachen.
Wann mir ze vill Patienten am Service hunn déi och kéinten vum Hausdokter etc. gesinn ginn huelen déi eis Zäit an Usprooch fir no deenen Patienten kennen ze kucken déi een richtegen Noutfall sinn an op eis Hëllef ugewisen sinn.
Vläicht kréien mir Patienten iergendwann iwwer den Wee vun der Opklärung motivéiert fir des Mentalitéit an Zukunft kennen ze änneren.

- **Wéi gitt dir mat Situatiounen ëm déi Iech noginn? Gidd dir do betreit?**

Wann mir elo esou eng spezifesch Situatioun hunn kennt et schonns mol fir dass Dokteren an Personal sech an Rou no der Schicht zesummesetzen fir iwwert des Situatioun ze schwätzen. Schrëtt fir Schrëtt eenzel duerchzegoen. Wat ass elo gutt gelaf? Wat kënnen mir déi nächste Kéier nach verbesseren?
Mir hunn Psychologen am Haus déi mir bäi esou Situatiounen ruffen kennen an matt deenen mir een Gespréich féieren kennen. Desweideren dierfen mir och op eng Supervisioun zeréckgräifen falls Bedarf am Service besteet.
Ech muss soen, déi lescht Joeren ass dëst net vun den Mataarbechter aus dem Team gefrot ginn. Et gehéiert leider zu eisem Alldag an der Urgence




sech matt schwéieren Situatiounen kennen auserneenzesetzen.

- **Wéi gesäit en typeschen Dag an der Urgence aus? Kann een an enger Urgence iwwerhaapt vun engem normalen Dag schwätzen?**



Nee, et kann een net vun engem typeschen Dag an der Urgence schwätzen. All Gardendaag verleeft ënnerschiddlech.
D'Urgence funktionéiert net alleng als Service. Mir sin ofhängeg vun aneren Servicer zB. Röntgen, dem Scanner, dem Laboratoire der Reanimatioun...
Et kann sinn, dass een Dag ganz roueg ass, an den Dag drop ass ganz vill lass. Et hänkt natierlech och ganz vill vun der Joreszäit of.
Am Wanter hu mir natierlech méi Patienten matt Aarm- Beenbrëch, well vill Leit falen wann et dobaussen op der Strooss glat ass, et passéieren vill Autosaccidenter. Skiaccidenter, Patienten déi mussen erëm Heem rapatriéiert gin.
Am Summer sinn et éischter Motorradsaccidenter, Verbrennungen, (Leit déi sech beim Grillen verbrennen). Leit matt Sonnebrand, Beienstech etc.
Silvester an Nationalfeierdag,kommen natierlech Patienten matt Verbrennungen, Aaenverletzungen, well d'Leit deen Dag matt Knupperten hantéieren déi dann mol an der Hand explodéieren. Dat sinn oft uerg Verletzungen.
Deen Dag kommen vill Jonker tëscht 14 a 19 Joer déi wéinst iwwerméissegen Alkohol-oder Drogekonsum hei an der Urgence ageliwwert ginn
D'salle-de-réveil ass des Nuecht op fir déi Patienten ze iwwerwaachen.
An deem Fall versichen mir eis Personalressourcen unzepassen dass mir zu 5 Infirmièren op der Schicht sin fir des Garde kennen ze assuréieren.

- **Wann een mat der Ambulanz kënnt, gëtt den dann éischter behandelt ewéi een den schwéier verletzt an der Urgence sëtzt?**

Nee, et ass net ewéi vill Leit denken, dass Sie direkt un den Tour kommen, wann Sie matt der Ambulanz an d' Urgence kommen. Dat ass definitiv deen falschen Wee.
Wann een matt der Ambulanz an Urgence kënnt, well säin Gesondheetszoustand schlecht ass gëtt een natierlech direkt installéiert an vum Dokter gesinn.
Wann awer elo een Patient eng Ambulanz rifft, well dësen zB. keen Taxi wollt huelen an der Meenung ass doduercher géif hien net mussen waarden huet een sech getäuscht.
D`Infirmière déi den Triage mécht setzt dësen Patient och an d'salle d'attente wann säin Gesondheetszoustand net als urgent klasséiert gëtt.
Dësen Patient muss säin Tour ofwaarden wéi all déi aanner Leit och.
Et gëtt keen Patient direkt vum Dokter gesinn well hien matt der Ambulanz an Urgence komm ass!

- **Ass et net esou, dass vill Leit d'Ambulanz ruffen, well Sie daat vun der Krankekees rembourséiert kréien?**

D`Ambulanz gëtt nëmmen dann vun der Krankekees rembourséiert wann den Patient huet missen an der „Position allongée" also am Leien an Spidol transportéiert ginn.Vill Leit wëssen des zousätzlech Informatioun net.
Den Dokter muss dem Patient eng Ordonnance fir Ambulanz schreiwen. Des Ordonnance gëtt matt der Rechnung ageschéckt fir vun der Krankekees rembourséiert ze gin.

- **Musst Dir Weiderbildungen maachen an wann jo, waat fir eng sin daat?**

ARCA-Schulung ( dh. Réanimatioun vum Patient)
Brandschutz-Schulung,
Händehygiène-Schulung
Des Formatiounen sin obligatoresch hei an der Klinik.
40 Stonnen Formatioun pro Joer sin fir all Infirmière méigelech.

- **Wéi ass den Oflaf vum Moment vun der Opnahm bis zur Versuergung vum Patient?**

Dir kommt zu Fouss oder Dir gitt matt der Ambulanz, dem Taxi etc. an d' Urgence gefouert.
Am Accueil Policlinique huelen Mataarbechter aus dem Secrétariat Är Donnéeën.
All Patient kritt een Aarmband un deen matt dem Numm, Familljennumm an Matricule gezeechent ass.
Den Patient gëtt dann bäi d'Infirmière orientéiert déi den Triage vum Patient mécht.
Vitalwäerter (Bluttdrock, Puls, Temperatur, Glycémie) gin gemooss.
Duerno get den Patient dann entweder an Chirurgie, Méd. Interne, Röntgen, oder no Récksprooch mam Urgentist bäi een Dokter matt enger Spezialitéit zB Aendokter, ORL , Neuro etc. oder der Maison-Médicale orientéiert.

- **Waat geschitt bei éngem Noutfall wou den Patient keng Krankekees huet, zum Beispill en Obdachlosen?**

Ob den Patient eng Krankekees huet oder net spillt fir eis keng Rolle.
All Patient deen an Spidol ageliwwert get oder vun sech aus kënnt gëtt vum Dokter behandelt, matt oder ouni Krankekees!!!

- **Hutt dir och psychesch Noutfäll? Wéi vill ongeféier pro Woch? A wéi lafen déi of?**

Natierlech hun mir och psychesch Noutfäll, déi gehéieren zu enger Urgence dozou.
Well an der Urgence ganz vill Patienten sinn ass et oft schwéier fir sech déi néideg Zäit ze huelen.
Fir Patienten matt psychiatreschen Problemer kennen optimal en Charge ze huelen, hunn mir eis interne esou organiséiert dass mir no Récksprooch mam zouständegen Dokter an jee no Gesondheetszoustand vum Patient den Psychiater resp. d`PsychologIn op Plaatz ruffen an doduercher laang Waardezäiten fir den Patient vermeiden.
PsychologInnen huelen den Patient am Service en Charge, kennen dësen Patient vläicht schonns vun senger Virgeschicht an kennen d`Situatioun vum Patient schonns analyséieren, matt him schwätzen éier den Psychiater kennt.
Dëst ass fir eis an fir den Patient eng grouss Ënnerstëtzung.

- **Wéi eng Méiglechkeet hu dir fir ze wëssen wat ee Patient huet deen nëmmen eng Sproch schwätzt déi déi keen vum Personal versteet oder deen net uspriechbar as?**

Wat den Sproocheproblem ugeet hunn mir hei am Haus vill Mataarbechter matt ënnerschiddlechen Nationalitéiten schaffen. Mir wëssen wou déi eenzel Leit schaffen déi zB. aus Rumänien, Serbien, Kroatien etc. kommen an eis bäi der Iwwersetzung um Patient eng Hëllef kennen sinn. Mir hunn eis bis elo nach ëmmer konnten depannéieren. Et kënnt och ëmmer op d'Zäit un, an der Nuecht um 1h00 ass manner Personal am der Klinik wei Mëttes um 12h00.
Mir hunn awer och ëmmer d'Méiglechkeet iwwer d'ASTI ze fueren fir eng Traductioun ze garantéieren.
Oft kommen Patienten ouni Famille an d'Urgence an mengen mir missten Sie verstoen. Falls dat net de Fall ass, an mir kéng aanner Méiglechkeete hunn ass et flott sech matt der Iwwersetzung um PC op Google ze verstännegen.
Mir kréien oft Leit ageliwwert, déi net uspriechbar sin, déi keng fest Adresse hunn, déi op der Strooss wunnen.
Falls des Leit net uspriechbar sin an d`Ambulancieren och nach kéng Pabeieren, kéng Krankekeesenkaart fannen ass et fir eis vill méi schwiereg, awer net wichteg.
Den Dokter ënnersicht den Patient, ordonnéiert Bluttanalyse, ECG, Scanner, RX etc.
Well mir fir all Patient éng Identitéit brauchen gin mir der Persoun een fiktiven Numm XY bis dass mir déi richteg Identitéit erausfonnt hun.
Am Nachhinein wann mir d'Identitéit dann wëssen well entweder d'Famill sech gemellt huet oder Kollegen laanscht komm sinn änneren mir dëst am Computer.

- **Wéi laang bleift ee Patient an der Regel an der Urgence?**

Dat hänkt ëmmer vun sengem Krankheetsbild of.
Den Openthalt vum Patient an der Urgence hänkt vun verschiddenen Faktoren of. Wat fir Symptomer huet den Patient? Wat ass säin Krankheetsbild? Muss den Patient eng Röntgen, Bluttanalyse, Infusioun, ECG, Scanner etc. gemaach kréien? Brauch hien een Avis vun engem Spezialist?
Muss den Patient een Gips kréien? Wéi vill Leit sinn deen Dag an der Urgence? Et kann een net genau soen, wéi laang et pro Patient dauert.
Moyenne vun der Dauer deen den Patient an dem Service Urgence ass läit am Moment tëschent 2-3 Stonnen. Dëst kann variéieren well mir jo keen richtegen Afloss drop hunn an net wëssen wéi vill Leit deen Dag ageliwwert ginn.
Déi Patienten déi mussen hospitaliséiert gin versichen mir esou schnell ewéi méiglech op den Stack oder an Reanimatioun ze verleeën fir Plaatz fir nei Patienten an der Urgence fräizemaachen.

**Madame Frank, mir soen Iech Merci fir d`Gespréich**





© ASS

# Interview

## mam Här Guy Bley,

### Chef vun der Protection civile bei der Administration des services de secours

- **Wat ass de Samu-System a wéi funktionéiert deen?**
Et ginn hei am Land dräi Plazen, wou en Dokter an en(g) Infirmier(ière)- Anästhesist sëtzen, an déi kënne parallel zu enger Ambulanz alarméiert ginn. An zwar zu Ettelbréck de Centre hospitalier du Nord, zu Esch de Centre hospitalier Emile Mayrisch an an der Stad ass et déi jeeweileg Klinik, déi Déngscht huet. De Prinzip ass, dass mer hei am Land e System hunn, wou d'Material adaptéiert ass, fir vum SAMU an d'Ambulanz geluecht ze ginn. De SAMUsdokter decidéiert och, wéi een Transportmëttel hie benotzt, fir op den Asaz ze kommen. Je nodeem wéi wäit et ass, hëlt en entweder den Helikopter oder den Auto. Awer net nëmmen d'Entfernung spillt eng Roll, mä och d'Natur vum Asaz. Dat heescht, wat dem Patient feelt. Den Operateur um 112 huet eng Partie Froen, déi hien engem Uruffer stellt an un Hand vun den Äntwerten entscheet hien dann, ob eng einfach Ambulanz geschéckt gëtt oder eng Ambulanz zesumme mam SAMU.

- **Gëllt d'Noutruffnummer 112 an all EU Land?**
Jo. Den 112 ass eng Nummer, déi et europawäit gëtt. Wann een iergendwou an Europa den 112 urifft, da kritt een eng Hëllef. Et muss een awer wëssen, dass een net ëmmer, wann een den 112 urifft, automatesch bei de Pompjeeën oder der Protection Civile erauskënnt mä an enger Zentral. Déi hunn awer d'Méiglechkeet, fir entweder selwer ze hëllefen oder een un déi richteg Leit virunzeleeden, déi engem an enger Noutsituatioun hëllefe kënnen. Lëtzebuerg war eent vun deenen éischte Länner, dat den 112 agefouert huet. An enger Enquête, déi d'lescht Joer gemaach gouf, fir ze gesinn, wéi gutt d'Leit informéiert sinn, dass et déi Nummer europawäit gëtt, koum Lëtzebuerg op déi zweete Plaz. Et ass natierlech enorm wichteg, zemools an eisem Land, wou jo immens vill Transit ass, awer och fir eis selwer, wa mer an d'Vakanz ginn, ze wëssen, dass mer um 112 gehollef kréien, egal wou mer an Europa sinn. Mir maachen och regelméisseg Campagnen, fir d'Promotioun vun der Nummer ze maachen. Den 11.2., also den 11. Februar ass europawäit zum 112 Dag deklaréiert ginn. Do sinn dann iwwerall Aktiounen, fir d'Leit fir déi Nummer ze sensibiliséieren. Dëst Joer hu mer hei am Land d'Press doriwwer informéiert a mir hunn och Schoulklassen op den 112 invitéiert, fir de Schüler dat matzeginn.

- **Dat heescht, dass all Land nach eng eegen Noutruffnummer huet?**
All Land kann och nach eng aner Noutruffnummer hunn, et ass ebe just eng Obligatioun, dass, wann een den 112 urifft, och am Ausland gehollef kritt. Et ass dofir gemaach ginn, well vill Leit, déi am Ausland sinn, déi jeeweileg Noutruffnummeren net kennen. Op déi Manéier ass geséchert, dass si, iwwert den 112 och kënne gehollef kréien.





© R. Brausch

- **Wéi vill Asätz hutt dir am Joer a wéi eng sinn dat?**
Et sinn am Joer ronn 65.000 Asätz, déi gemaach ginn. Dovun ass de gréissten Deel, ronn 35.000 Asätz, dee vun den Ambulanze gemaach gëtt, da sinn eng 10.000 Asätz, déi vum SAMU a vum Helikopter gemaach ginn an da kommen nach déi Asätz vun de lokale Pompjeescorpsen. Dat sinn elo d'Zuelen aus dem ganze Land. D'Stad Lëtzebuerg huet alleng eng ronn 18.000 Asätz. Et kommen um 112 all Joers eng 500.000 Uriff un, dat sinn 1.200-1.300 Uriff den Dag. Dovu sinn der vill Noutriff, mä awer och ganz vill Leit, déi uruffe fir ze froen, wéi een Dokter oder wéi eng Apdikt Déngscht huet. Dat sinn Informatiounen, déi een och um Internet oder an der Zeitung fënnt. Fir d'Apdikte steet et esouguer bei den Apdikte selwer. Do wier et scho gutt, wann een den 112 nëmmen dann urifft, wann et wierklech wichteg ass.

- **Wien entscheet, wéi dringend en Asaz ass a wéi e Material respektiv wéi en Transportmëttel fir de jeeweilegen Asaz gebraucht gëtt?**
Dat ass den Operateur vum 112, deen dat entscheet. An zwar un Hand vun den Informatiounen, déi en um Telefon kritt, Froen, déi e stellt, a.s.w. A während dem Asaz, zum Beispill engem komplizéierte Brand, do decidéiert dann den Inspekter vum Pompjeeswiesen, ob a wéi e weidert Material nach gebraucht gëtt.

- **Wat ass de geneeën Oflaf vun engem Asaz?**
En Asaz fänkt domat un, dass een den 112 urifft. Dann hëlt den Operateur déi noutwendeg Informatiounen op, also wat genee geschitt ass, wou et geschitt ass, wéi vill Verletzter et gi sinn a.s.w. Dann alarméiert den 112 déi Leit, déi op enger Permanence stinn. Mir hunn eng Lëscht mat de jeeweilege Leit, déi zu deem Moment Déngscht hunn. D'Permanence kläert déi genee Detailer mam 112 nach eng Kéier of an da kënnt et zum Asaz. Egal wéi en Asaz et ass, et fänkt ëmmer mat engem Uruff un, deen hei ukënnt a mir alarméieren dann déi jeeweileg Unitéiten.

- **Wéi vill Leit hutt dir landeswäit a Bereetschaft a wéi eng sinn dat?**
Insgesamt hu mer am ganze Rettungswiesen, also Pompjeeën, Protection Civile eng 5500 Leit, déi kënnen op en Asaz goen. Déi Leit hu Formatioune gemaach, si si medizinesch apte geschriwwe ginn. Bei méi grousse Pompjeescorpsen hu mer, wéi ech virdru gesot hunn, eng Lëscht mat Leit, déi Permanence hunn. Bei deene méi klenge Corpsen ass et esou, dass mir eng Alerte générale maachen, dat heescht, mir alarméiere jiddereen an da gesi mer, wien disponibel ass, fir op den Asaz ze goen.

- **Déi 5500, sinn dat nëmme Fräiwëlleger oder och d'Beruffspompjeeën?**
Nee, dat si just déi Fräiwëlleg. Dozou kommen dann an der Stad Lëtzebuerg 180 Beruffspompjeeën. Doduerch dass et, wéi mer festgestallt hunn, am Benevolat ëmmer méi schwéier gëtt, fir Permanence ze maachen, hu mer och ugefaange generell am Land Professioneller anzestellen. Bis dëst Joer hu mer 37 Professioneller agestallt, déi déi Benevol virun allem bei der Permanence vun der Ambulanz ënnerstëtzen. Mir hunn och an den nächste Joere wëlles, niewent de Benevollen nach weider professionell Leit anzesetzen, och wann ee ka soen, dass de Benevolat ëmmer d'Haaptstandbeen vum System wäert sinn.

- **Wéi eng Leit schaffe bei iech?**
Den Haaptundeel ass a wäert och ëmmer de Benevolat bleiwen. Dann hu mer d'Beruffspompjeeën an der Stad. Mir hunn eng 110 Leit, déi an der Verwaltung vum Rettungswiese schaffen. Dovu sinn der 16 Operateuren. Da sinn nach Techniker an Ingenieuren do, mir hu professionell Instrukteren. Da gëtt et de Service Comptabilitéit, bis hin zu de Leit, déi d'Material geréieren. Op der Base nationale zu Lëntgen schaffen och professionell Leit, déi den Entretien vum Material a vun de Gefierer maachen. A mir hu professionell Leit an de Schoulen. Et gëtt eng School vun der Protection Civile an eng School vun de Pompjeeën.

- **Wéi laang dauert et vum Noutruff un, bis dir um Asaz sidd?**
Den Noutruff selwer dauert an der Moyenne zwou Minutten. Mir hu Statistike gemaach an dobäi erausfonnt, dass et an der Moyenne 14 Minutten dauert, vun deem Moment wou ugeruff gëtt bis zu deem Moment, wou d'Ambulanz zum Asaz ukënnt. Déi 14 Minutten deelen sech op a 7 Minutten, bis déi Benevol beim Gefier sinn a weider 7 Minutten, bis se um Asaz sinn. An der Stad Lëtzebuerg, wou dat jo professionell Leit sinn, déi permanent an der Kasär sinn, geet dat méi séier. Déi kënnen innerhalb 2-3 Minutten erausfueren. Mä d'Moyenne si 14 Minutten.

- **Mussen är Leit Formatioune maachen, a wéi oft?**
Formatioune sinn iwwert e Reglement festgeschriwwen, déi sinn ofhängeg dovun, wat een als Benevol oder als Professionelle mécht. Do hu mer verschidde Sparten. Déi grouss Gruppe sinn d'Secouriste ambulancier, d'Pompjeeën, d'Sauveteuren a.s.w. An do ass pro Grupp oder pro Funktioun, déi ee kann hunn, am Reglement eng Formatioun virgesinn, déi sech ëmmer d'selwecht opbaut. An där Hisiicht, dass een ëmmer mat engem Éischt Hëllef Cours ufänkt. No deem Cours kann een dann en Initiatiounscours maachen, deen dauert e Weekend, also 16 Stonnen. Do gëtt dann am Detail erkläert, wéi d'Rettungswiese funktionéiert. Duerno maachen se dann eng Formatioun fir entweder Ambulancier oder Pompjee a.s.w. ze ginn. Et ass ënnerschiddlech, wéi laang déi Formatiounen daueren. An der Moyenne 2 Joer. Da kënnen si hire Brevet maachen. Si kënnen awer och duerno nach Weiderbildunge maachen, wéi zum Beispill en Diplom fir Gestion de situation d'exception a.s.w.

- **Ginn et Noutriff, déi de Leit um Telefon méi no ginn? Ginn si, wat dat ugeet, betreit, respektiv hunn se regelméisseg Supervisioun?**
Et ass sécher, dass d'Leit um Telefon, genee ewéi déi, déi erausfueren, mat Situatioune kënne konfrontéiert ginn, déi psychologesch net einfach ze verkraafte sinn. Fir esou Fäll gëtt et d'Méiglechkeet vun enger Supervisioun oder vun engem Suivi psychologique, wann een dat ufreet. An deem Kader gouf 1997 de Groupe de support psychologique gegrënnt, deen net nëmmen do ass, fir de Leit dobaussen ze hëllefen, mä och dem jeeweilegen Ambulancier oder Pompjee e Soutien psychologique ze ginn, wann et gefrot ass.

- **Ginn är Mataarbechter, déi um Telefon sinn, extra ausgebilt fir Leit, déi Hëllef brauchen, um Telefon ze berouegen?**
Et ass sécher keen einfachen Job, fir um 112 d'Uriff entgéintzehuelen. Do huet ee Momenter, wou richteg Stress ass, wou d'Leit, déi uruffen, gestresst sinn oder aggressiv sinn a mir hu mat den Operateure regelméisseg Formatiounen, fir esou Situatiounen ze geréieren.

**Här Bley, Merci fir d' Gespréich!**



# Interview

## mat den Hären Reuter, Reinard an Dichter,

### vun der Police Grand-Ducale




- **Wéi oft gitt dir ongeféier am Dag fir eng Urgence ugeruff?**
  Mir kréien um Centre national d'intervention, de sougenannten RIFO, pro Dag esou 800 Uriff. Dovunner sinn awer de klengsten Deel Urgencen. Villäicht 30-40 den Dag. De Weekend ass villäicht e bësse méi ewéi an der Woch, well da méi Leit an der Stad sinn.

- **Wie kënnt, wa mir vun der Stëmm d'Police ruffen? Déi vun der Gare oder déi vu Bouneweeg?**
  Op Interventioune ginn normalerweis déi vun der Gare. Bouneweeg huet en normale Bureau, déi just am Dag schaffen. Et gi bei der Police zwou Zorten Unitéiten an all Regioun. Dat eent ass d'Interventioun an dat anert sinn d'Proximitéiten. D'Interventioune schaffe 24 op 24 Stonnen, 7 Deeg an der Woch a si gi fir all Urgencen agesat. De Commissariat de proximité schafft normalerweis Bürosstonnen. Si kënnen awer och samsdes oder sonndes schaffen. Déi maachen da méi Schrëftstécker oder Quartiersproblemer. Si kënnen och Vitessekontrolle maachen. Dat ass den Ënnerscheed.

- **Wier et net méi einfach, dir hätt zwou Nummeren, eng fir Noutfäll an eng fir ze soen, dass een de Portmonni geklaut krut?**
  Mir hunn zwou Nummeren, mä de Problem ass, all eis Commissariat-de proximités-Nummere fänke mat 244 un. Da kommen nach zwou Zifferen an dann eng Extensioun, déi normalerweis 200 ass. Mir wëssen oft selwer net, wéi e Commissariat wéi eng Nummer huet, a mir mussen nokucken. Den 113 kennt jiddereen. Dofir ruffen d'Leit den 113 un. An den 113 ass gratis.

- **Wat genau zielt als Urgence?**
  Urgencë sinn déi Saachen, wou Leit a Gefor sinn. An och déi Saachen, déi riskéieren, dat normaalt Liewen duercherneen ze bréngen. Wa mir elo een hunn, dee virgëschter säi Portmonni geklaut krut an dee rifft haut un, dann ass dat natierlech keng Urgence méi. E Verkéiersaccident mat Blesséierten, dat ass eng Urgence. Wann dir en Abroch hutt an den Abriecher ass nach dobanne während d'Leit uruffen, dann ass dat sécher eng Urgence. Urgencë sinn einfach Saachen, déi prioritär sinn, wou Leit an Nout sinn oder wou mir Situatiounen hunn, wou Leit kéinten an Nout kommen.

- **Wéi oder vu wiem gëtt entscheet fir op en Asaz ze goen?**
  Et ass normalerweis den 113 oder de RIFO, deen dat mécht. Den Appel kënnt beim RIFO eran, an de Message, deen si an de Computer tippen, geet automatesch un de Büro an der Regioun, déi sech muss dorëms bekëmmeren. Dann hutt dir an all Regioun e Chef vun der Schicht an deen entscheet dann, wie wouhinner fiert. Wann awer elo eng Situatioun ass, déi iwwer méi Regioune geet, dann iwwerhëlt de RIFO. Déi koordinéieren dann de ganzen Asaz.

- **Zu wéi vill Mann gitt dir op en Asaz? Ass do eng Zuel virgeschriwwen?**
  Dat hänkt vum Asaz of. Bei engem normalen Asaz ginn zwee Beamten. Et geet ni een eleng. Wann et dann néideg ass, da ruffen mer Verstäerkung. Et kënnt och vir, dass mir méi Leit schécken, wéi gebraucht ginn, mä dat ass dann net eise Feeler. Dat ass, well mir et falsch gemellt kruten.

- **Wéi missten d'Leit et richteg mellen?**
  Et ass jo déi Saach vum Sender an Empfänger. Et si Leit, déi hunn eng aner Vue vu Saachen, déi geschéien, déi méi schlëmm ass wéi anerer. Déi ginn dat ganz anescht ërem, wéi et am Endeffekt geschitt ass.

- **Hutt dir da keng „Richtlinien", wéi een dat soll mellen?**
  Dach, mir hunn déiselwecht Richtlinie wéi den 112. Éischtens d'Identitéit froen, wa méiglech eng Telefonsnummer, meeschtens gesi mir déi awer vum selwen um RIFO, dann, wou den Uruffer ass a wat genau geschitt ass. Eis Leit um RIFO sinn och dorobber forméiert. Si sinn drop forméiert, fir mat Leit ze schwätzen, déi a Panik sinn.

- **Kënnt et och vir, dass ugeruff gëtt an et ass guer näischt derhannert?**
  Jo, dat kënnt méi oft vir.

- **Gëtt dat da sanctionnéiert?**
  Jo. Dat ass eng Fausse alerte. Et gëtt e Gesetz, dat verbitt, dass een eng ëffentlech Institutioun wëssentlech falsch alertéiert. Do stinn och 8 Deeg bis 5 Joer Prisong drop, je nodeem, wéi schlëmm dass et ass. Et sinn der schonn erméttelt ginn an ech muss soen, mir kréien och déi meescht.

- **Wéi vill Poliziste ginn et landeswäit?**
  Wann ech mech net iere sinn et der 1754.

- **Wéi eng Viraussetzunge muss een erfëllen, fir kënne Polizist ze ginn?**
  Bei der Police ginn et dräi verschidde Carrièren. Fir d'Inspekteschcarrière, dat ass déi, wou déi meeschte Polizisten dra sinn, muss een op d'mannst eng 11ème technique oder eng 3ème classique hunn, dir musst Lëtzebuerger sinn, selbstverständlech groussjäreg sinn, dir duerft net méi wéi 30 Joer al sinn, äre Casier judiciaire muss an der Rei sinn. Da musst dir e Sportstest maachen, dir must e Psychotest maachen an dir musst medezinesch fit sinn. Fir d'éischt muss awer ee schrëftlechen Examen gemaach gin. Do ginn déi véier Sprooche getest, Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch an Englesch an och Bürgerkunde. Wann der den Exame gepackt hutt, da gitt dir an de Sportstest. Duerno an den Psychotest an an de medezineschen Test. Duerno kommt der an d'Policeschoul. Zwee Joer Policeschoul musst der och nach packen. Mat Examen. An da sidd der an der Carrière vum Inspekter. De Brigardier ass déi Carrière drënner. Do musst der dräi Joer Arméi gemaach hunn an ee Joer Policeschoul an natierlech musst dir och do den Exame maache fir an d'Policeschoul eran. An da kommt dir an d'Carrière vum Brigardier. Fir Cadre superieur ze ginn, musst dir en Universitéitsstudium vu 5 Joer hunn. Da kommt dir fir en Test heihinner, ënner anerem och e Sportstest. Wann der deen da packt, da musst dir nach eng Kéier 2 Joer an d'Offizéieschschoul vun der belscher Police op Bréissel.

- **Ass dat egal, wéi e Studium dat ass?**
  Dat decidéiert de Minister, mä déi, déi erfarungsgeméiss fir eis a Fro kéimen, wier natierlech e Studium am Droit, Criminologie, Economie, well och vill Leit fir d'Criminalité économique vun der Police judiciaire recrutéiert ginn, mä mir hunn awer och schonn aner Leit geholl.

- **Ginn déi Viraussetzungen, wéi zum Beispill de Sportstest, och méi spéit nach eng Kéier getest?**
  D'Poliziste kënnen sech all Woch 2 Stonne fräihuelen, fir Sport ze maachen. An déi Polizisten, déi am aktiven Déngscht dobausse sinn, maachen dat och.

- **Bis wéi vill Joer geet eng aktiv Carrière vun engem Polizist?**
  Sou laang hie wëllt.

- **Dat heescht, hie kann och nach mat 60 Joer op en Asaz goen?**
  Jo, mat 60 Joer kann een och nach op en Asaz goen. E Polizist ass mat 55 Joer pensiounsberechtegt. Duerno kann en nach bleiwe bis 60 Joer an da muss e goen.

- **Wat muss ee maachen, fir bei d'Police judiciaire ze goen?**
  Datt ass en internen Examen, dee kann ee maachen, nodeems een de Promotiounsexame gemaach huet, dat sinn da Froen, wou et haaptsächlech iwwer de Code d'instruction criminelle, iwwer de Code pénal, iwwer d'Prozeduren, iwwer international Traitéen asw. geet, a wann een deen da packt, muss een 3/5 vun de Punkten hunn, dann ass et nach een Numerus clausus, da kommen nach Interviewe mam Parquet zesummen, a Psychotester.

- **Wéi gesäit en normalen Dagesoflaf vun engem Polizist aus? Huet een als Polizist iwwerhaapt en normalen Dagesoflaf?**
  Dat hänkt dovun of, wou ee schafft. Déi, déi am Norde schaffen, ass eppes aneschters ewéi déi, déi op der Musel schaffen. An déi sinn erëm anescht ewéi déi an der Stad. Während déi eng sech méi mat beispillsweis Verkéiersdelikter befaassen, këmmere mir eis méi ëm Kläppereien a.s.w. Den Dagesoflaf op der Gare, wann ee samschdes moies ëm 6 Auer mat der Fréischicht ufänkt, da geet et net lass mat Kaffi an Zeitung, mä direkt mat enger säfteger Kläpperei. Vun do aus geet et da vläicht op eng Messerpickerei an dat zitt sech da bis 10-11 Auer. Da gi Leit verhaft oder virgefouert an natierlech muss och alles, wat virfält, geschriwwe ginn. Et kann ee bei der Interventioun ni soen, wéi en Dag verleeft.

- **Mécht e Commissariat de proximité da keng Urgencen?**
  Dach. Wann eng Kéier Nout um Mann ass, da maachen si dat och. Oder wann si eppes gesinn, da mussen si dat jo iwwerhuelen. E Commissariat de proximité, dat si Beamten, déi oft zu Fouss ënnerwee sinn. Déi fueren esou mann wéi méiglech mam Auto. Déi këmmeren sech ënner anerem ëm d'Heescheleit, déi hei an der Stad sinn, a.s.w. Si kucken och nom Verkéier an all déi Plainten, déi esou ufalen, Täschendéifstall a.s.w. An si hunn och Spezialdéngschter, dat heescht, wann zum Beispill eng Visite vun engem Minister ass, oder op der Fouer, da ginn déi Leit vun de Commissariat-de- proximitéen ofgezunn. Och wa Gefaangentransporter sinn, an déi Verstäerkung brauchen, da gi si och do mat.

- **Dir hat virdru vun Heescheleit op der Strooss geschwat. Ass dat hei am Land verbueden oder toleréiert Dir et?**
  Dat ass eng ganz schwéier Fro. Fréier war Bettlerei zu Lëtzebuerg strofbar. Elo koum eng Ännerung am Gesetz an elo ass een Eenzegen, deen heescht, net méi strofbar. Do ass dann eise Problem. Well am Grupp ass et ëmmer nach strofbar. Mir hunn déi Bettler, déi iwwer d'Grenz kommen, dat ass oft ganz kloer eng Gruppéierung. Déi versichen,zum Beispill mat geléinten Hënn oder mat geléinte Kanner Suen ze kréien. Bei de Leit, déi hei wunnen ass et eppes anescht. Déi loosse mir och relativ mat Rou. Bei deenen organiséierte Bande kommen och nach aner Strofdoten derbäi. Déifstall, a.s.w. Dat ass déi eng Saach. Déi aner Saach ass, dass mir deene Leit mussen noweisen, dass si organiséiert sinn. Dofir ass et fir eis schwiereg. Wann een do sëtzt, da musse mir en natierlech opschreiwen, esou laang se nëtt randaléieren oder d'Leit belästegen. Mä et geschitt weider näischt. Mir si jo awer och net do, fir permanent d'Leit ze schikanéieren, obwuel mir wëssen, dass weider näischt geschitt. Mir wëssen och, e.a. vun den auslännesche Kollegen, dass déi Leit mat Mënschenhandel ze dinn hunn. Wann zum Beispill e jonkt Meedchen oder e klenge Bouf do ass, dee gutt op d'Leit wierkt an doduerch vill Succès huet, da gëtt dee vu Famill zu Famill verkaf. Dat heescht, hie bettelt da fir „en neie Patron." Et ass eng organiséiert Kriminalitéit. Si ass just schwéier nozeweisen.




- **Wann déi Leit mat de Kanner op der Strooss sëtzen, déi Kanner si jo schoulflichteg, intervenéiert Dir do, wann si während der Schoulzäit do sëtzen?**
  Wéi gesot kommen si iwwer d'Grenz. Dat heescht, si si schoulflichteg déi aner Säit. Si sinn a Frankräich, well et do e Gesetz gëtt, dass d'Fransousen hinne mussen en Terrain zur Verfügung stellen, wou si kënne wunnen. A si mussen hinnen och Stroum a Waasser zur Verfügung stellen. Mir hunn hei keen esou e Gesetz, mir mussen hinnen also näischt ginn. Dofir wunne si zum Beispill bei Mont St.Martin mat hire Rulotten a kommen iwwer d'Grenz fir hei ze heeschen. An domat falen si net ënnert dat Lëtzebuerger Schoulgesetz.

- **Wat ass de genauen Oflaf vun engem Asaz?**
  Dat ass ganz verschidden. Dat kann een ni soen. Am Normalfall ass et esou, dass, wann näischt ass, Patrull gemaach gëtt. An et ginn déi Saache gemaach, fir déi soss keng Zäit ass. Zum Beispill Vitessekontrollen oder Fousspatrulle maachen, et kann een d'Squate kontrolléiere goen. D'Grondregel vun all Asaz ass, dass mir der Staatsanwaltschaft e Rapport ofliwweren, an si entscheeden dann, wéi et weidergeet. Mir fueren eraus, mir stelle fest, an da geet et weider un de Parquet.

- **Punkto Squaten: wéini intervenéiert Dir do? Wann de Proprietaire Iech urifft oder wéi leeft dat of?**
  Jo. Mir intervenéiere wann de Proprietaire eis rifft oder wann eng Gefor besteet, entweder fir déi Leit am Haus oder fir d'Ëmwelt. Och wann d'Noperen sech gestéiert fillen, musse mir intervenéieren. Normalerweis huet e Proprietaire d'Flicht, wann en säin Haus verléisst, dat esou ofzesécheren, dass keen erakënnt. Och do gëllt datselwecht. Mir fueren dohinner, mir stelle fest. Mir delogéiere jo keen. Wa mir si do eraushuelen, dann op Opfuerderung vum Parquet. Wann natierlech elo een um éischte Stack mat Steng op d'Leit schéisst, da gi mer deen natierlech sichen.

- **Wat ass är Aufgab bei enger Urgence?**
  Esou séier ewéi méiglech dohinzekommen an ze hëllefen. Dat éischt, wat mer kucken, ass, ob Leit a Gefor sinn an dann deenen ze hëllefen. Fir d'éischt déi Leit, déi direkt impliziéiert sinn an duerno deene Leit ronderëm. Wann dat da geschitt ass, da musse mir den Tatort, well et ass en Tatort, och bei engem Verkéiersaccident, esou ofgrenzen, dass eng propper Enquête ka gemaach ginn. Dat heescht, dass d'Spueresécherung ka schaffen, dass net jiddereen derduerch leeft. Dat sinn déi Haaptmissiounen. Dann natierlech d'Zeie froen. Wa Blesséierter do sinn, an d´Klinik fueren, fir ze kucken, wéi et deene geet, wann een do ass, dee fir eng Strofdot a Fro kënnt, da gëtt dee mat op de Büro geholl a verhéiert. Da gëtt de Kontakt mam Parquet geholl an déi soen eis dann, wat mir solle mat deem maachen. Entweder protokolléieren, verhaften oder lafe loossen. Dat ass d'Reiefolleg. Fir d'éischt d'Mënschen, dann den Tatort an dann d'Enquête.

- **Maacht dir och Persouneschutz?**
  Jo. Eis Spezialunitéit mécht dat. Déi sinn dofir ausgebilt. Virun all Missioun gëtt eng Risikoevaluatioun gemaach fir ze kucken, wéi de Gefährdungsniveau vun der jeeweiliger Persoun ass. Den amerikanische Präsident ass zum Beispill maximum.

- **Wéini kënnt den Helikopter an den Asaz?**
  Den Helikopter ass en taktesche Moyen, dee bei verschiddenen Asätz geholl gëtt. Zum Beispill bei grousse Manifestatiounen, fir vermësste Leit ze sichen oder wa mer en Täter hunn, deen op der Flucht ass, e gëtt och vun der Police judiciaire agesat, fir Fotoe vun engem Tatort aus der Luucht ze huelen, well dat eng aner Vue gëtt. Dat ass esou gemat, dass mir haut guer net méi op den Helikopter verzichte kënnen.



- **Wéi vill Leit sëtzen do dran? Sinn dat alles Polizisten?**
  Et ass ee Pilot. Dat ass kee Polizist. An dann ass ee Flight Attendant derbäi, dat ass e Polizist. An et ass en Operateur derbäi, deen déi ganz Kameraen a.s.w. bedéngt, dat ass och e Polizist.

- **Duerf deen och nuets fléien?**
  En dierft nuets fléien, mä mir setzen en taktesch nuets net an. An zwar, well een do extra Formatioune muss maachen. A mir hunn nëmmen een. Wann en also géif nuets fléien, da kéint en am Dag net fléien. Et ass budgetsbedéngt. An ausserdeem ass nuets net esou vill. Et ass méi am Dag, wou déi meeschten Helikopterasätz sinn.

- **Wéi ass Är Zesummenaarbecht grenziwwergräifend?**
  Do ginn et eng ganz Rei Traitéen, déi dat regelen. Dat Ganzt leeft am Kontext vum Traité vu Schengen. Deen ass jo an 1997 zu Amsterdam votéiert ginn a garantéiert all Mënsch fräi Zirkulatioun innerhalb vun der EU. Natierlech gëllt dat fräit Beweegen dann och fir Leit, déi vläicht keng esou gutt Absichten hunn. Also musse mir als Police an als Justice aner Moyene kréien, fir kënnen anescht virzegoen. Elo ass et esou, dass mir a Frankräich däerfen engem 10 Kilometer nofueren. Awer nëmmen um Buedem. Net mam Helikopter. A mir mussen op si waarden, fir en unzehalen. Mir däerfen him just nofueren. An der Belsch an an Däitschland ass et ganz aneschters. Do hu mer aner Verträg, mat der Belsch hu mer de Vertrag BENELUX, dat heescht mir hu Polizeigewalt vun hei bis op Oostende. A si hu Polizeigewalt am ganze Lëtzebuerger Land. An Däitschland ass et d'selwecht. Do däerfe mer och eriwwer mam Helikopter an um Buedem.

- **Musst dir och Éischt-Hëllefs-Coursë maachen, wann dir als Éischt um Asaz sidd an ee verletzt ass?**
  Jo, all Polizist huet Éischt-Hëllefs-Coursë gemaach. Et gëtt direkt an der ITB gemaach, an der praktescher Basisinstruktioun, soubal e Schüler den Exame gepackt huet, éier hien an d'Policeschoul geet, kritt hien 3 Méint eng taktesch Basisausbildung, an do ass och en Éischt-Hëllefs-Cours derbäi, an si hunn och regelméisseg schonn de Leit d'Liewe gerett.

- **Wéi gitt dir op Extremsituatiounen, wou der beispillsweis är Waff musst benotzen, virbereet? Hutt dir do extra Formatiounen, fir déi Situatioun ze geréieren?**
  Extremsituatioune ginn et zum Gléck relativ seelen. Mä wann et zu enger Extremsituatioun kéim, da gi mir do an der Schoul drop virbereet. Mir hunn do Formation continuen a mir hunn och regelméisseg Schéisstraining. Natierlech kascht et Iwwerwannung, fir d'Waff op een ze riichten a am Noutfall och ofzedrécken. Awer dorop ka keen ee virbereeden. Dat ass net ze léieren. Mir probéieren natierlech och, dass et net esou wäit kënnt. Esou vill Waffegebrauch hu mir hei an der Police och net. Mir hate joerelaang iwwerhaapt keen an entre-temps ass et esou, dass, wa mer der dräi am Joer hunn, dann ass dat extrem vill. An dat läit och un dem Training, dee mer hunn. Wann elo ee randaléiert, da gëtt dee jo och net direkt mam Pefferspray ageniwwelt. Mir probéieren da fir d'éischt, mat em ze schwätzen. Wann dat net geet, da ginn et an der Formation continue eng ganz Partie Polizeigrëffer, déi een applizéiere kann, fir engem Här a Meeschter ze ginn. Sollt dat och net goen, dann hu mer Pefferspray. Do reagéieren déi meeschte Leit drop. Et ginn awer och Leit, déi sinn esou wäit fort, dass se net dorop reagéieren. Dann huele mer d'Tonfa. Dat ass de schwaarze Bengel. Do muss een iwwregens och eng ganz Formatioun maachen, fir dee richteg ze beherrschen. An dann, an allerleschter Instanz, hu mer de Revolver. Deen duerf nëmmen dann agesat ginn, wann engem säin eegent Liewen oder d'Liewen vun enger Drëttpersoun a Gefor ass. A ganz éierlech: mir loosse léiwer ee laafen, wéi dass mer op ee schéissen.

- **Wat haalt dir vun der amerikanescher Léisung, mat deenen Taseren?**
  Mir sinn dergéint, fir dat de Moment anzeféieren. Éischtens fält et ënnert d'Waffegesetz, et muss also fir d'éischt eng legal Basis geschaf ginn. An zweetens weess kee ganz genau, wéi d'Auswierkungen dovu sinn. Wann do ee vis-à-vis vun iech steet, dee Problemer mam Häerz oder mam Kreeslaf huet, dann hutt der een um Réck leien. An dat wëlle mer jo net. An dofir si mer do am Moment nach negativ agestallt. De Pefferspray ass do vergläichsweis harmlos. Dee kéint der och huelen, fir äert Fleesch ze würzen. Dat ass einfach Waasser mat Peffer.

- **Hutt dir och e Waasserwerfer?**
  Mir ginn dee bei d'Belsch léinen, wa mer e brauchen.

- **Wann dir elo eppes erlieft, wat iech méi nogeet, kënnt Dir dann iergendwou higoen?**
  Mir hunn e Polizeipsycholog, dee fir eis Leit do ass. An elo am Hierscht gëtt en zweeten agestallt. Déi hunn iergendwou eng Adress, déi d'Leit net kennen. Si hunn hire Büro hei am Gebai, mä hir Praxis ass iergendwou an der Stad. An do kritt kee mat, wann do een higeet. Mir hunn och nach en Aumonier, also e Paschtouer, dee fir d'Police do ass.

**Villmools Merci fir dat informatiivt Gespréich.**

# Rückfall

Ich war von 1991 bis 1999 heroinabhängig. Dann habe ich eine Frau kennengelernt, die mir dabei geholfen hat, von dem Teufelszeug weg zu kommen. Von da an habe ich nie mehr Heroin angefasst, dank meiner Freundin, meiner Mutter und meiner jüngeren Schwester. Selbstverständlich auch, weil ich es selbst wollte, denn sonst hat es keinen Sinn. Wenn man nicht von sich aus will und es nur für andere macht, ist es nur eine Frage der Zeit, bis man wieder rückfällig wird.

2006 hatte ich eine Freundin mit einem 2-jährigen Sohn. Da meine Freundin Schichtdienst hatte, war ihr Sohn des öfteren bei einer Tagesmutter. Doch nach einer Weile stellte sich heraus, dass der Mann der Tagesmutter sich an den Kindern verging. 2008 wurde dies zur Anzeige gebracht. Der Mann wurde verhaftet und bekam 12 Jahre Gefängnis, meiner Meinung nach nicht genug...

Von da an kam alles aus meiner Kindheit wieder hoch. Ich wurde im Alter von 6 bis 12 Jahren auch sexuell missbraucht. Deshalb war es mir zu dem Zeitpunkt nicht möglich, mich um meine Freundin und deren Sohn zu kümmern. Wenn ich mit ihr über das Thema sprach, fing ich nach einer Weile an, am ganzen Körper zu zittern. Mir kamen wieder die Bilder aus meiner Kindheit in den Kopf, wie er mich immer und immer wieder in dem Zimmer vergewaltigte. Bis heute verfolgen mich diese Bilder im Schlaf. Als das 2008 mit meinem Ziehsohn geschah, kämpfte ich jeden Tag, um nicht wieder rückfällig zu werden. Im Oktober 2010 hielt ich es nicht mehr aus und fing an, Kokain zu nehmen. Da ich die Sucht kannte, meldete ich mich sofort im Krankenhaus, um einen Entzug zu machen. Da man nicht so einfach einen Drogenentzug machen kann, musste ich mich auf eine Liste eintragen lassen und mich jede Woche melden. Ansonsten wurde man von der Liste gelöscht. Also rief ich jede Woche an.

Gleichzeitig habe ich eine Therapie in Deutschland beantragt, die auch gestattet wurde. Nach zwei Monaten war ich immer noch nicht im Krankenhaus, um meinen Entzug zu machen. Ich wurde immer wieder vertröstet: Sie stehen an erste Stelle, es wird nicht mehr lange dauern bis man sie aufnimmt! Einen Monat später war ich immer noch nicht aufgenommen worden. Mittlerweile rauchte ich 4 bis 5 Gramm Kokain am Tag. Ich war am Ende, hatte 6 Tage nicht geschlafen, war nur am Koksen. Ich entschied mich, in die Notaufnahme des Krankenhauses zu gehen. Der Diensthabende Psychiater kannte mich schon und wusste, dass ich auf der Liste stand. Trotzdem wies er mich mit der Begründung ab, es wäre ja noch nicht so schlimm. Ich könnte ruhig noch warten, bis es an meiner Zeit sei und ein Bett frei wäre. Also ging ich wieder nach Hause und kokste weiter. Eines Abends, im Februar 2011, drehte ich dann durch.

Ich rief meine Mutter an und sagte Ihr, es hätte alles keinen Sinn mehr. Ich würde jetzt mit einer Waffe durch die Ortschaft gehen, in der Hoffnung die Polizei anzutreffen, würde dann auf sie zielen, so dass sie mich endlich erschießen würden. Ich war so am Ende, dass ich keinen anderen Ausweg mehr sah. Meine Mutter meldete das sofort bei der Polizei. Zehn Minuten später war Großalarm in der Ortschaft. Sie kamen mit Blaulicht und Sirenen aus allen Richtungen. Ich bekam es mit der Angst zu tun und versteckte mich. Drei Stunden später, als alles sich ein bisschen beruhigt hatte, ging ich zu einem Freund und versteckte mich da.

Ich war die ganze Zeit über telefonisch in Kontakt mit meiner Mutter, sagte ihr aber nicht wo ich war. Sie sagte mir, die Polizei hätte einen Haftbefehl und ich würde alles noch schlimmer machen wenn ich mich nicht stellen würde. Nach zwei Tagen war der Druck so groß, dass ich entschloss mich zu stellen. Ich rief meine Mutter an und sagte ihr, dass ich mich stellen würde. Sie war in ständigem Kontakt mit der Polizei und erklärte mir, ich sollte aufs Polizeirevier kommen. Mit der Waffe vor der Tür sollte ich dann die Hände hoch nehmen, so dass sie mich verhaften könnten.





Aber so blöde war ich dann doch nicht, mit der Waffe aufs Polizeirevier zu gehen. Es war ein sogenannter Fahrradrevolver mit Platzpatronen, der nicht mal geladen war, da ich keine Patronen besaß. Ich rief meine kleine Schwester an, die mich sofort beim sogenannten Freund abholte, um mich aufs Polizeirevier zu bringen.
Hundert Meter vom Revier entfernt parkten wir, auf einmal kamen die Polizisten und die Spezialeinheit aus allen Richtung und ich wurde verhaftet. Ich hatte so viel Koks und Alkohol konsumiert, dass ich vergaß, die 46 Gramm Koks los zu werden, die ich noch bei mir hatte. Dann wurde ich sofort nach Schrassig ins Gefängnis gebracht.

Im Krankenhaus habe ich 4 Monate gewartet, wo man in der Regel ein bis anderthalb Monate warten muss. Meiner Meinung nach sind Drogensüchtige nicht gerne im Krankenkaus gesehen.
Nach 40-tägiger U-Haft kam ich endlich ins Krankenhaus um meinen Entzug zu machen. 14 Tage später kam ich nach Ettelbrück ins CHNP, wo ich warten musste, bis ein Therapieplatz frei wurde. Ende Mai war es dann soweit und ich ging in Therapie. Die dauerte dann bis Ende Oktober. Ich muss dazu sagen, dass ich dank meines Therapeuten gelernt habe, nicht gleich wieder zu Drogen zu greifen, wenn ein Problem auftauchte.

Im Dezember 2011 kam mein Urteil. 1 Jahr Haft in Givenich. Von meiner damaligen Freundin konnte ich keine Hilfe erwarten. Sie ließ mich hängen und wie immer fühlte ich mich ganz alleine auf dieser Welt. Außer wenn Sie Geld brauchte. Dann kam sie Anfang des Monats angekrochen. Leider war es während der ganzen 5-jährigen Beziehung so.
Wenn ich heute darüber nachdenke, war es das Beste, das mir passieren konnte, dass meine Mutter die Polizei rief, sonst würde ich wahrscheinlich nicht mehr leben. Die Zeit in der ich auf Koks war, hatte ich die ganze Zeit über Selbstmordgedanken, aber war zu feige dazu. Ich kam einfach nicht klar damit, dass ich nach 11 Jahren Abstinenz einen Rückfall hatte.

Ich bin jetzt im offenen Vollzug in Givenich und gehe einer geregelten Arbeit nach. In der Redaktion der Stëmm vun der Strooss arbeite ich sehr gerne. Ich bin jetzt wieder clean und möchte es auch bleiben. Es ist einfach ein gutes Gefühl, wieder zur Gesellschaft zu gehören. Das einzige, was mir sehr weh tut, ist, dass ich meinen Ziehsohn nicht mehr sehen darf...

*Zecki*

# Interview

## mat der Madame Meisch,

### Directrice vun der Fondatioun PRO FAMILIA

**PRO FAMILIA fondation**

5, route de Zoufftgen
L-3598 Dudelange

- **Wéi laang gëtt et d'Fondatioun PRO FAMILIA schonn?**

D'Fondatioun Pro Familia besteet säit 25 Joer. Si ass 1988 gegrënnt ginn, an d'Missioun läit doran d'Initiativen am Beräich vun der Opnam, der Informatioun, der Berodung an der sozialer Betreiung vu Familljen ze ënnerstëtzen. De Siège an déi verschidde Servicer befannen sech zu Diddeleng.

- **Hutt dir soss nach Servicer ausser hei zu Diddeleng?**

Nee, eis Servicer befannen sech all zu Diddeleng. D'Fondatioun Pro Familia huet awer och zesumme mat der Fondatioun Maison de la Porte Ouverte d'Asbl actTogether gegrënnt. Dës nei Asbl geréiert de Service infoMann an de Service famillesPlus, déi am Zentrum leien.

- **Wat fir Servicer bitt d'Fondatioun Pro Familia un a fir ween?**

D' Fondatioun Pro Familia riicht sech u Kanner an un Erwuessener, dat heescht Eenzelpersounen, Koppelen oder Familljen, déi relationnel a familiär Schwieregkeeten erliewen oder déi sech an enger psychescher a sozialer Noutsituatioun befannen. A fir dës Problematik global opzefänken, bidde mir verschidde Servicer un.
- De Centre de consultation et de médiation familiale bitt psychologesch an therapeutesch Berodungen un, awer och Familljemediatioun an e Groupe de parole fir Kanner, déi eng Trennung vun hiren Elteren erliewen.
- Eise Centre polyvalent pour enfants ass eng Opnamestruktur fir Kanner an Noutsituatiounen, och nach bekannt ënnert dem Numm Fadep. An dëser Struktur kënnen zéng Kanner vun 3 bis 12 Joer Dag an Nuecht opgeholl ginn. Et si Kanner, deenen hiert physescht, psychescht oder soziaalt Wuelsinn gefährdet ass.
- Dann eis Servicer fir d'Frae mat hire Kanner an Noutsituatiounen. Am Fraenhaus kënnen 20 Frae mat hire Kanner, déi sech an enger Krisesituatioun befannen, opgeholl ginn. Si kréie Schutz, een Ënnerdaach, eng Ënnerstëtzung an och Berodungen.
Ugegliddert un eist Fraenhaus ass den Nobetreiungsservice, deen et erméiglecht, deene Fraen, déi hei opgeholl goufen, eng psycho-sozial Ënnerstëtzung unzebidden an si an d'zweet Phas Wunnenge weiderzeleeden.
An eisem Berodungsservice bidde mir ambulant eng psycho-sozial Begleedung un a vermëttelen Informatiounen u Fraen a Männer, déi sech an enger schwiereger Liewenssituatioun befannen an/oder Affer vun häuslecher Gewalt sinn.
- En anere Volet vun eiser Aarbecht ass de Beräich vun de Formatioune fir Professionneller.

- **Ginn och Frae bei iech opgeholl, déi aner Problemer hunn ewéi häuslech Gewalt? Zum Beispill keen Daach méi iwwert dem Kapp hunn.**

Selbstverständlech, d'Motiver fir an d'Fraenhaus ze kommen, begrenzen sech net op häuslech Gewalt, mee beinhalten och aner psychesch a sozial Noutsituatiounen, wéi Wunnengsnout, Aarbechtslosegkeeet, Bezéiungsproblemer mat dem Partner oder der Famill.

- **Wéi gesäit een Urgencefall bei iech am Fraefoyer aus?**

D'Urgencen am Kader vum Fraefoyer si Situatiounen, wou Frae sech an enger akuter Gewaltsituatioun befannen an direkt musse geschützt ginn. Déi Fraen hu meeschtens kleng Kanner, fir déi se suerge mussen an déi och ënnert der Gewaltsituatioun leiden. D'Gesetz iwwer häuslech Gewalt erméiglecht zwar d'Ausweisung vum Täter, mee a verschiddene Situatiounen bleift d'Fraenhaus eng wichteg Alternativ. Déi meescht Fraen, déi sech un eis wenden, hu kee familiären a soziale Reseau, op deen se kéinten zeréckgräifen.
Et ka sinn, dass dës Fraen, nodeems se Gewalt erfuer hunn, sech direkt un eis wenden. Déi meescht Situatioune gi vun der Police begleet. D'Police gëtt ugeruff vun der Fra selwer, déi Gewalt erlieft huet, vun de Noperen oder anere Persounen, déi Zeie si vun der Situatioun.
Da fënnt e Gespréich mat der Assistante sociale, déi bei eis täteg ass, statt. D'Fra kann hir Situatioun beschreiwen, huet d'Méiglechkeet hir Gefiller an Erwaardungen auszedrécken a mir stellen d'Objektiver an de Fonktionnement vum Fraenhaus vir.
Nuets fannen d'Admissioune just a Präsenz vun der Police statt.

- **A wou genee sinn déi Fraenhaiser zu Lëtzebuerg opgedeelt?**

Et gëtt de Foyer Paula Bové an de Foyer Maternel op der Gare, d'Structure Sichem zu Walfer an d'Eschwëllerhaus. Dës Haiser gi gedroe vun der Fondatioun Maison de la Porte Ouverte.
D'Asbl Femmes en Détresse geréiert d'Fraenhaus zu Lëtzebuerg, deem seng Adress anonym ass.
Et gëtt och de Centre Noemi-Accueil.
Da gëtt et zu Esch/Alzette de Foyer Sud vum Conseil National des Femmes du Luxembourg an zu Diddeleng d'Fraenhaus vun der Fondatioun Pro Familia.

- **Huet dat e bestëmmte Grond, dass d'Adress vum Fraenhaus vu Femmes en détresse anonym ass?**

De Grond dofir ass, fir ze vermeiden, datt d'Täter d'Adress erausfannen an d'Affer weider géife belästegen.

- **Kann et och sinn, dass d'Affer d'Adress präisgëtt?**

Selbstverständlech ass et och méiglech, datt d'Affer de Kontakt mat dem Ex-Partner opsicht.

- **Wéi laang betreit dir d'Leit an ärem Fraenhaus? Bleiwe Leit méi laang do? Wéi vill Leit sinn dat ongeféier?**

Wat d'Betreiungsdauer ubelaangt, sou ass d'Fraenhaus e Krisenzentrum a fir eng kuerz Dauer bestëmmt, normalerweis fir eng Phas vun 3 Méint. Dat geet awer a ville Situatiounen einfach net duer, fir déi Gewaltsituatiounen opzeschaffen a fir nei Perspektiven ze entwéckelen.
Et muss een och betounen, dass verschidde Frae just ganz kuerz am Fraenhaus bleiwen, si mierken, datt dës Struktur fir si net déi adequat Léisung duerstellt. D'Liewen an engem Fraenhaus bedeit en Zesummeliewe mat anere Fraen op engem klenge Raum an dat ass net ëmmer einfach.
Et ginn och Fraen, déi iwwert ee Joer bleiwen, dat ass awer éischter seelen.

- **Hunn d'Fraen dann och Aufgaben a Regelen ze befollegen am Foyer?**

D'Frae liewen an enger Gemeinschaft an do sinn d'Regelen an d'Aufgabe wichteg. Jiddereen huet Rechter, mee jidderee muss sech awer och u Regelen halen.
D'Fraen erleedege verschidden Aufgaben, sief dat kachen, sief dat d'Raimlechkeete propper halen.
Dës Regelen an Aufgabe ginn zesumme mat de Fraen opgestallt an diskutéiert. Et kënnen och Exceptioune gemaach ginn a verschiddene Situatiounen.

- **Wéi vill Frae fänke wierklech en neit Liewen un a wéi vill net?**

Do muss ee verschidde Beräicher ënnerscheeden.
Eng Missioun vum Fraenhaus ass et de Fraen ze hëllefen, fir hiert Erliewen opzeschaffen, nei Liewensperspektiven ze entwéckelen an esou problematesch Situatioune virzebeugen.
- Wat d'Aarbechtssich ubelaangt, muss ee betounen, datt vill Fraen, déi bei eis opgeholl ginn, kee professionellen Ofschloss hunn an nach ni eng professionnell Aktivitéit ausgeübt hunn oder en instable professionnelle Parcours hunn. Dat bréngt mat sech, datt et net einfach ass, fir um Aarbechtsmaart eng Plaz ze fannen.
- Grosso Modo hu 50% vun de Fraen d'Méiglechkeet, fir nom Fraenhaus eng Wunneng ze fannen.
Et ass net einfach op deem normale Logements-Marché eng Wunneng ze fannen, déi abordabel ass an déi kannergerecht ageriicht ass. Mir kënnen hei op eis d'Zweet-Phas Wunnengen zréckgräifen.

- **Schaffen den Här Bodry an den Här Bartholomeo aktiv mat der Fondatioun?**

D'Fondatioun huet jo hire Siège zu Diddeleng an all Servicer befannen sech och zu Diddeleng. Fir datt de Buergermeeschter en oppent Ouer fir eist Uleies huet, ass et vun Interessi, datt hien d'Entscheedungen am Kader vum Verwaltungsrot matdréit an informéiert ass iwwert eis Aktivitéiten. Et fannen och regelmëisseg Reuniounen, Echangë statt tëschent de Servicer vun der Gemeng Diddeleng an der Fondatioun Pro Familia, fir besser engem Client ënner d'Äerm ze gräifen oder een neie Projet matzedroen, wéi elo eist Internat.
D'Gemeng Diddeleng stellt der Fondatioun Pro Familia och eng Wunneng zur Verfügung, wou eng Fra mat hire Kanner kann opgeholl gi fir eng Iwwergaangszäit, wat mir natierlech ganz staark begréissen. An där Hisiicht kann ee scho vun enger wäertvoller an aktiver Zesummenaarbecht schwätzen.

Centre de Consultation et de Médiation Familiale





Salle de séjour de Centre Polyvalent pour Enfants

- **A wann een sech am Foyer umellt, wéi verleeft dann d'Prozedur ob ee kann opgeholl ginn oder net?**

Am Fraenhaus am Fall vun enger Urgencesituatioun, kann een sech natierlech direkt un eis wenden an da fënnt och e Gespréich statt mat engem Professionnellen.
Wa mir Plaz hunn, kann déi Persoun direkt opgeholl ginn. Wa keng Plaz fräi ass, orientéiere mir déi Fra weider un aner Fraenhaiser.
Wann et sech net ëm eng Urgence handelt, gëtt e Rendez-vous festgeluecht, wou et zu engem Gespréich kënnt, wou evaluéiert gëtt, ob eis Struktur och de Bedierfnesser vun der Persoun entspréicht.

- **Wéi laang dauert dat dann ongeféier, bis eng Persoun opgeholl gëtt, wann eng Urgence ass?**

Dat kann den Dag selwer sinn, wann eng Plaz fräi ass an d'Struktur de Bedierfnesser vun der Persoun entspréicht.
Wa keng Plaz fräi ass, kënne mir d'Fra an een anert Fraenhaus weiderleeden. Déi meescht Fraenhaiser hunn Urgencëbetter, fir dass se an enger Noutsituatioun eng Fra kënnen ophuelen.

- **Ginn et da vill Fraen, déi zeréck bei hire Mann ginn an d'Gewalt nees vu vir ufänkt?**

An der Moyenne gi 15% vun de Fraen no hirem Openthalt erëm zréck bei hire Partner.
D'Gewalt fënnt meeschtens ënner der Form vun engem Zyklus statt, deen sech widderhëlt. No enger Gewaltsituatioun versicht den Täter d'Opfer erëm fir sech ze gewannen. Hien entschëllegt sech, seet, hie géif sech änneren, an eng Therapie goen, ophalen ze drénken, sou dass d'Affer och un déi gemeinsam Zukunft erëm gleeft. Dat gemeinsamt Zukunftsbild gesäit positiv aus, mä dee Gewaltzyklus widderhëlt sech ganz oft.
Et ass ganz wichteg, datt déi béid Persounen Hëllef kréien, esou gutt den Täter ewéi d'Affer, fir datt d'Situatioun ännere kann. D'Kanner brauche selbstverständlech och eng Ënnerstëtzung, well si ëmmer ënnert esou Situatioune leiden, ob si elo effektiv direkt Gewalt erlidden hunn oder d'Gewalt zwëschen hiren Eltere materlieft hunn.

- **Wéi eng Hëllef bitt äre Centre de Mediation un?**

D'Problematik wéinst där d'Clienten eng Berodung an Usproch huelen ass affektiver a relationneller Natur. Dat kënne Konflikter sinn, déi entstinn am Kader vun enger Trennung, Scheedung oder optrieden an enger Liewensphas, zum Beispill e Stierffall, eng Gebuert.
- An esou bidde mir engersäits Familljemediatioun un, wou et heescht, konkret Léisungen auszeschaffen, fir d'Zukunft ze organiséieren an dat am Interêt vun all de Familljememberen. D'Zil ass och e schrëftlechen Accord festzehalen. D'Interêt vun der Mediatioun läit doran, dass se d'Verantwortung vun de Leit an hir Kompetenze fuerdert, well et net de Professionnellen ass, deen eng Solutioun proposéiert, mee et sinn d'Leit selwer, déi hir bescht méiglech Léisung zesummen ausschaffen.
- Anerersäits, dat ass een zweete Volet, bidde mir psychologesch an therapeutesch Berodungen un.
- Mir bidden och e Groupe de parole fir Kanner un, déi eng Trennung vun hiren Elteren erliewen. Dëse Grupp erméiglecht een Austausch tëschent de Kanner a fuerdert déi géigesäiteg Ënnerstëtzung. D'Kanner spieren, dass si net eleng sinn an där Situatioun a ginn doranner begleet, hir Gefiller ze erkennen, déi Gefiller ze verstoen an auszedrécken. Hir Kompetenze ginn och gestäerkt. D'Eltere ginn hirersäits och ënnerstëtzt a begleet an där Phas.

- **Ka jiddereen un der Formation psychofamiliale, déi dir ubitt, deelhuelen?**

Mir bidde Formatioune fir Professionneller aus dem socio-éducativen an dem schoulesche Beräich an am Kader vun der Policeschoul un, iwwert verschidden Themen.

- **Wéi vill Leit schaffe bei iech a wéi eng Formatioun hunn déi Leit?**

D'Fondatioun ass eng relativ kleng Institutioun. Et si 26 Professionneller bei eis täteg an dës Professioneller kommen haaptsächlech aus dem psycho-socialen an educative Beräich. Et handelt sech ëm Educateuren, Psychologen, Assitant-socialen. Mir leeën och ganz vill Wäert op d'Weiderausbildungen, sou verfügen eng ganz Rei vun deene Professionnellen och iwwer Zousazausbildungen am therapeutesche Beräich oder an der Familljemediatioun, wat hinnen erméiglecht, d'Kanner an d'Famillje méi professionnel ze begleeden.

- **Gitt dir ënnerstëtzt?**

Jo, mir hunn eng Konventioun mat dem Familljeministère a mat dem Chancegläichheetsministère. Mir hunn eng Unerkennung säitens vum ONE fir eise Centre Polyvalent fir Kanner a fir eis Consultatioune mat de Kanner a mat de Familljen. Fir verschidde Projete kënnen ze realiséieren, wéi eis Spillplaz renovéieren, Vakanzekolonien organiséieren, si mir natierlech ganz frou, wa mir kënnen op en Don zréckgräifen.

- **Komme bei iech och Kanner, déi an enger Noutfallsituatioun sinn? Wéi gesäit dat aus?**

Jo, eise Centre polyvalent hëlt Kanner op, deenen hiert physescht a psychescht Wuelsinn a Gefor ass. An deene meeschte Situatioune sinn et déi schlecht Traitementer géint d'Kanner, déi d'Opnam motivéieren. Meeschtens ass et net eng reel Absicht vun den Eltere fir ze schueden, mä et handelt sech éischter ëm eng Transmissioun vun de Schwieregkeeten iwwert Generatiounen.
D'Kanner ginn an deene meeschte Fäll iwwert d'Jugendgeriicht bei eis placéiert, awer weiderhi bidde mir och Depannagen am Kader vu ponctuelle familiären Noutsituatiounen, wéi eng Krankheet oder eng Hospitalisatioun vun engem Elterendeel.
D'Zil ass et, d'Situatioun vum Kand an déi familiär Situatioun ze evaluéieren, fir déi bescht méiglech Léisung fir dat Kand an seng Famill ze gestalten. Am Prinzip bleiwen d'Kanner fir eng Period vun 3 Méint bei eis, mat Méiglechkeet vu Verlängerung och hei. Meeschtens sinn d'Kanner akut bedroht, sou dass keng Agewinnungsphas stattfanne kann.
D'Kanner gi während hirem Openthalt ënnerstëtzt an der Opaarbechtung vun hiren Erliefnisser. Mir probéieren och d'Bezéiungen esou ze gestalten, dass d'Kanner eng vertrauensvoll Atmosphär fannen, wou si kënnen iwwert hir Suerge schwätzen. D'Gewalterfahrungen, déi d'Kanner erlieft hunn, ginn ugeschwat an si léiere respektvoll mateneen ëmzegoen.
D'Eltere ginn awer och während där Phas ënnerstëtzt an de Lien zwëschent den Elteren an de Kanner gëtt gestäerkt. D'Elteren an d'Kanner ginn op eng Reintegratioun an d'Famill oder eng Ënnerbréngung an eng Fleegefamill oder an eng aner Institutioun während hirem Openthalt virbereet.

- **Hutt dir Weesekanner am Foyer?**

D'Kanner ginn am Centre Polyvalent pour Enfants opgeholl, meeschtens wéinst chronesche Vernoléissegungen a Mësshandlungen.
An deene meeschte Situatioune liewen déi béid Eltere vun de Kanner, déi bei eis obgeholl ginn. Mir hunn awer regelméisseg Kanner, déi een Elterendeel verluer hunn duerch Krankheet, en Accident.

- **Gëtt d'Fondatioun de Leit elo och Kleeder oder sosswellecht Material?**

Jo, mir hunn eng Kleederreserve, déi mir de Kanner an de Familljen, déi mir betreien, zur Verfügung stellen. Et ass eng kleng mee ganz wäertvoll Ënnerstëtzung fir vill Kanner a Familljen.

- **Ginn et och Leit, déi sech schummen, fir an de Foyer ze kommen?**

Et ass eng Demarche, déi oft schwéier ze liewen ass. D'Unerkennen, dass een et net selwer fäerdeg bruecht huet, fir eng Léisung ze fannen, ass net einfach a bréngt Scholdgefiller mat sech. Dofir ass deen éischten Accueil och esou wichteg. Jidderee kann an eng schwiereg Situatioun geroden an dat gëtt och thematiséiert. D'Leit mierken, datt si net eleng sinn an dëser Situatioun, datt nach aner Leit eng ähnlech Situatioun erliewen an datt et méiglech ass fir Hëllef ze kréien.

- **Kréien och monoparental Pappen Hëllef bei der Fondatioun?**

Jo sécher. Eist Fraenhaus ass zwar exclusiv fir Fraen a Kanner an Noutsituatiounen. Mä eis Berodunge wenden sech esou gutt u Frae wéi u Männer, déi sech an enger Noutsituatioun befannen. An och eise Centre de consultation et de médiation familiale setzt sech a fir Fraen ewéi fir Männer, déi relationnel Schwieregkeeten erliewen.

- **Wéi vill Leit mellen sech pro Woch oder pro Mount bei der Fondatioun un?**

Am Centre Polyvalent fir Kanner liewe permanent 10 Kanner, am Fraenhaus liewen 20 Frae mat hire Kanner zesummen a mir betreie 15 Familljen an den Zweet Phas Wunnengen.
Eise Berodungsservice empfängt an der Moyenne 60 Clientë pro Woch fir Entretienen.

- **Wéi maacht dir d'Leit opmierksam, dass et iech gëtt?**

Aire de jeu



Mir publizéieren eis Aktivitéiten, wéi eise Groupe de Parole, am lokale Blietchen. Mir probéieren eis Broschüren och flott ze gestallten an u verschidde Servicer an Institutioune weiderzeleeden.
Mir hunn natierlech och een Internetsite, dee mir à jour halen, an dann organiséiere mir Formatioune fir Professionneller, deene mir eis Activitéite virstellen.

**Merci fir d'Gespréich an dass dir iech Zäit fir eis geholl hutt.**

Merci fir äert Interessi!

# Interview

## mam Här Spautz,

### Psycholog bei INFOMANN

- **Wat ass INFOMANN a wien huet INFOMANN gegrënnt?**

Infomann gouf gegrënnt vun enger Asbl, déi heescht « act together » an déi huet eng Konventioun mam Ministère de l'égalité des chances, Chancegläichheetsministère. Infomann huet verschidden Aufgaben, eng wichteg Aufgab ass d'Berodung vu Männer, déi zweet Aufgab ass d'Entwécklung vu Jongenaarbecht an déi drëtt Aufgab ass d'Informatioun fir d'Lëtzebuerger Bevëlkerung. Ech gi vläicht e bësselche méi drop an, op déi dräi Punkten: D'Berodung vu Männer. Dat kënnen, wéi gesot, net nëmmen onbedéngt Erwuessener, ech géif soe Männer ab 16 Joer sinn, déi sech an iergendwelcher Situatioun, mat engem Problem net wuelfillen, déi Froen hunn, Zweiwel hunn, Decisioune mussen huelen, an hirer Famill, an hirer Partnerschaft, egal, och finanziell. Jiddereen, deen irgendwéi Schwieregkeeten huet an denkt, et wier gutt, mat engem ze schwätzen, Froen ze stellen, sech auszequatschen.
Deen zweete Punkt ass d'Entwécklung vu Jongenaarbecht, dat ass mäi Kolleg den Alexander Gries, deen ass elo net hei, dee këmmert sech méi dodrëm, Jugendhaiser beim Service National de la Jeunesse. A Maison-relaisen a Schoulen, iwwerall, wou edukatiivt Personal schafft, mat Kanner a Jugendlechen. Hie geet dohinner, fir mat hinnen zesummen ze kucken, wéi ee vläicht déi Jongen a jonk Männer an hirer Entwécklung zum Mann besser kann ënnerstëtzen, wéi dat oft de Fall ass, op d'Bedürfnesser vun deene Jugendlechen agoen, deemno, wou si da sinn. Do entwéckelt dee Professionellen dann déi entsprechend Methoden.An dat Drëtt ass d'Ëffentlechkeetsaarbecht, d'Informatioun vum grousse Public. Do hate mir zum Beispill dëst Joer zwou Aktiounen zum Thema Männer a Gesondheet, dat war am Mäerz am Centre culturel an dat zweet war am Juni, Männer-Gesondheetsdag hu mir dat genannt, am Cercle de ganzen Dag: Informatiounsstänn, Konferenzen a Workshoppen zum Thema Männer a Gesondheet.

- **Ginn et och méi esou Saache fir Männer oder ass INFOMANN déi eenzeg Zoulafstell fir Männer?**

Sou ganz spezifesch eigentlech net. Et gëtt jo natierlech vill sozial a psychosozial Plazen hei am Land, wou natierlech och Männer dierfen higoen, awer eng Plaz, déi sech esou zilstrieweg an ausdrécklech u Männer went, gëtt et am Fong geholl net. Et gëtt Plazen, ewéi zum Beispill « Initiative Liewensufank ». Si hëllefen de Leit, sech op d'Gebuert vun hirem Kand virzebereeden an do denkt ee jo oft, jo et ass d'Fra, déi schwanger ass, et ass d'Fra, déi sech doräms këmmert, mee et ass jo och net esou einfach, wann een op eemol Papp gëtt, et ass vill Verantwortung, vill ze dinn, vill ronderëm d'Kand, vill ronderëm d'Fra, an ausserdeem si villäicht schonn aner Kanner do. An da schaffe goen an den Haushalt féieren an iergendwéi gutt an der Famill eens ginn. Do bidden si zum Beispill sou Coursen un, déi sech da respektiv un d'Männer, un déi zukünfteg Pappe wenden, wat dann, kanns de soen, männerspezifesch ass. Awer et ass dann trotzdem am Kader vun engem Service, wou awer de Grossdeel vum Angebot sech dach éischter un d'Frae riicht.

- **Wat fir Servicer bitt dir un? Sinn är Servicer gratis?**

Eis Servicer si gratis an, jo, eise Service ass Informatioun, Berodung a villäicht och Orientatioun. Dat heescht, wann e Mann urifft, da kritt hien e Rendez-vous, an da weess ech meeschtens net oder kaum, wat seng Suerg ass, wat säi Problem ass, seng Schwieregkeet. An engersäits informéieren ech hien iwwer seng Méiglechkeeten, wann hie mer da seng Situatioun geschildert huet, informéieren hien iwwert déi Méiglechkeeten, déi hien huet, wéi eng Plazen et gëtt, d'Office-socialen, de Fonds National de Solidarité, Foyeren, Wunnengsvermëttlungen, Aarbechtsvermëttlung, vläicht juristesch Berodung. Do informéieren ech einfach engersäits iwwer déi Prozeduren, déi ech kennen, respektiv iwwer déi Servicer, déi da vläicht ubruecht sinn, wou et vläicht gutt ass, datt dee Mann sech dann hiwent. Dat ass Informatioun, respektiv dann och Orientatioun. Ech soen da vläicht: « Géi mol bei d'Agence Immobilière Sociale oder géi mol bei d'Stëmm vun der Strooss, dat ass vläicht dee richtege Service fir dech. » Dat heescht, ech orientéiren, awer ech berodden och, dat heescht, et kënnt net nëmmen drop un, ze soen: « Aha, du hues dee Problem, da muss du op déi Plaz goen, da kriss du gehollef.» Et geet doriwwer eraus. Berodung, do geet et am Fong geholl dorëm, wat sinn deem Mann seng eege Méiglechkeeten, fir seng Situatioun geregelt ze kréien. Wat si seng Bedürfnisser, wat si seng Méiglechkeeten an eventuell, firwat konnt dee bis elo seng Méiglechkeeten net esou gutt notzen? Wann een zum Beispill ängschtlech ass oder depressiv, kee Wuppes, keng Energie, keng Loscht huet mueres opzestoen, sech um Rimm ze rappen an ze maachen, wat een eben ze maachen huet. Do ass eng Saach, fir ze soen, ok, géi dohinner, do kriss de gehollef, awer eng aner Saach ass am Fong geholl, fir dem Mann ze hëllefen oder dozou bäizedroen, datt hien sech erëm selwer kann hëllefen. Voilà dat ass de Volet Berodung.

- **U wee riicht sech am Fong Infomann?**

An d'Berodung kënne sämtlech Männer kommen, wéi ech virdru sot, al Männer wéi jonk Männer och. Mir hunn do net genau en Alter festgeluecht. Ech géif emol soen, esou vu 16 Joer un. Infomann riicht sech un all Männer ab 16 Joer, mat egal wéi enge Froe si kommen.

- **Bitt dir Servicer un u Leit, déi sech an enger Noutfallsituatioun befannen?**

Jo, datt kënnt ëmmer erëm vir, datt Leit sech an enger Noutfallsituatioun heihinner wenden, respektiv an enger Urgence, wou et séier muss goen, wou séier muss eng Léisung hier, respektiv wou si mengen, et misst séier eng Léisung hier. Et ass jo oft nach een Ënnerscheed, et kann een seng Aarbecht gëschter verluer hunn oder et kann ee vläicht décken Zoff mat der Frëndin oder mat der Fra hunn, an déi huet gesot «Trëppel, do ass d'Dier, ech wëll dech hei net méi gesinn». An dann huet ee keen Daach méi iwwer dem Kapp. Dann entsteet dann emol een éischt Erschrecken, Erféieren, vläicht eng Reaktioun, déi ee kann als Panik bezeechnen. An dann hunn d'Leit den Androck et muss elo séier, séier eppes geschéien. Dat ass net ëmmer esou, da muss een einfach emol berouegen a kucken, wat ass dann elo passéiert. Wéi konnt dat esou wäit kommen? Da kucke mir emol, wat et da vu Méiglechkeete gëtt. Eng wierklech grouss Noutfallsituatioun, dat ass jo, wann ee Mënsch kierperlech verletzt ass oder wann hie séilesch, psychesch ganz schlecht drun ass, wann hien duercherneeen ass, wann hien hefteg Panik huet. Do muss een och kucken, do muss een natierlech och séier reagéieren. Natierlech, dat kënnt och vir. Oder wann een akut vill Medikamenter geholl huet oder vill Alkohol, Medikamenter an Alkohol oder aner Substanzen, also wou wierklech déi kieperlech an déi séilesch Integritéit bedroht ass, da muss een d'Urgence agräifen. Oder wann een depressiv ass, well do muss een och ënnerscheeden. Do ginn et verschidden Ursaachen, firwat datt ee kann depressiv sinn. Et gi ganz verschidden Aart a Weisen, wéi dat sech äussert. All Mënsch reagéiert do ganz aneschters, an natierlech, wann et mir schlecht geet, wann ech keng Loscht méi hunn, wann ech de Kéis hunn, wann ech d'Flemm hunn, dann hätt ech natierlech gären am léifsten, datt direkt alles aneschters wier. Meeschtens entsteet esou een Zoustand, esou eng Verfaassung jo net vun haut op muer. Dat ass jo eng Entwécklung, déi iwwert d'Zäit geet a wou vill Saachen, vill Facteuren zesumme- kommen, déi maachen, dass een irgendwann eng Kéier kee Wuppes méi huet. An et ass nun emol esou, datt et an deene meeschte Fäll Zäit brauch, fir do erauszekommen. Dat geet leider net op Fangerschnippen. Esou einfach ass et net. Mä, wann awer zum Beispill ee kënnt, deen depressiv ass, da kann et duerchaus sinn, datt ech da keng Zäit hunn, datt ech grad net hei sinn, net disponibel sinn. Da wäert ech deen natierlech net heemschécken a soen, huel dir ee Rendez-vous a komm an zwee Méint erëm. Mä ech wäert mech dann esou séier ewéi méiglech an esou gutt wéi méiglech mat deem Mënsch befaassen a kucken, wat ze maachen ass.

- **Wéi vill Interventiounen hutt dir a wéi gesinn déi haaptsächlech aus?**

Elo fänken ech gläich un, mech ze widderhuelen. Wéi vill Interventiounen, dat kann ech herno am Computer kucken. Dat ass jo all Woch aneschters, mä wéi gesinn déi aus? Dat hunn ech am Fong geholl scho beäntwert. Ech lauschteren emol no. Dat ass immens oft ganz wichteg, wann een an enger Noutlag ass, datt hien sech emol ausschwätzt an dass hien d'Gefill huet: «Do ass emol een, dee mir nolauschtert, een, dee mech Eescht hëlt, deen och villäicht eng Méiglechkeet gesäit, déi ech elo net gesinn hunn, dee mir vläicht e gudden Tipp ka ginn. « Voilà, ech lauschteren no, an duerno ginn ech him déi Informatiounen, déi ech dee Moment zur Verfügung hunn. Ech soen: « Hei voilà, do oder do kanns du gehollef kréien oder ech géif mech emol hei informéieren oder dëst ënnerhuelen.» An ech probéieren awer och ze verstoen, firwat ass déi Persoun eigentlech an déi mësslech Lag do koum a wat brauch déi Persoun eventuell, fir sech selwer kënne wéinstens e Stéck wäit ze hëllefen. ‚t ass jo ganz gutt, datt mir zu Lëtzebuerg en zimlech ausgebautent Sozialsystem hunn, wou een eng ganz Rëtsch Hëllefstellungen, Ennerstëtzung ka kréien. Dat ass net schlecht, dat muss ee soen, mä besser wier et jo nach, wann d'Leit sech esou gutt géife kennen an sech selwer esou gutt géifen uechten, dass si net an déi Situatioune géife kommen.

infoMann
actTogether asbl

- **Schafft dir mat anere Servicer zesummen? Wéi eng sinn dat?**

Jo. Dobäi muss ech soen, mir sinn ereischt säit engem Joer hei. Mir schaffe mat « Riicht Eraus » zesummen. Dat ass e Service, dee mat Täter vun häuslecher Gewalt zesummeschafft. Also Männer oder Fraen, déi doheem hir Partnerin, hire Partner geschloen hunn, hinne Gewalt ugedinn hun, respektiv de Kanner géigeniwwer. Déi kréie bei « Riicht Eraus » Hëllefstellung. Ech schaffe mam Service d'aide aux victimes zesummen. Ech schaffe mat psychiatresche Servicen zesummen, an der Stad an zu Esch. Ech schafffe mat zwee Affekote vum Service d'accueil juridique zesummen... Et sinn der eng ganz Rëtsch, prinzipiell schaffen ech mat alle Servicer zesummen déi et gëtt. Dat kënnt awer net all Dag vir, mee ech schaffe säit 22 Joer am soziale Secteur an ech kenne relativ vill Servicer. A wann ech ee brauch, dann zécken ech net, fir do unzeruffen an ze maachen, wat ze maachen ass.

- **Iwwer wat kann een sech bei iech informéieren?**

Iwwert alles. Woubäi dat Spezifescht vun INFOMANN ass, datt ech probéieren, d'Männer ze informéieren, se opmierksam dorop ze maachen, hinnen d'Aen opzemachen, dass si selwer méi Kraaft hunn, méi leeschte kënnen, wéi se mengen.Vill Männer ënnerschätzen hir Méiglechkeeten, déi se hunn oder si hunn d'Vertrauen doranner verluer. Well wann s de deng Aarbecht verluer hues, da gees de emol fir d'éischt op d'ADEM, fir esou séier ewéi méiglech eng aner ze kréien an ob s de eventuell Usproch hues op Aarbechtslosenënnerstëtzung. Wann s de deng Wunneng verluer hues, respektiv wann s de Schwieregkeeten hues, eng ze fannen, wann s de net genuch Suen hues, fir däi Loyer ze bezuelen, deng Garantie locative ze bezuelen, dann hues de Servicer, déi dech dobäi ënnerstëtzen. Wann s de iwwerscholt bass, dann hues de Servicer, déi dech dobäi ënnerstëtzen. Et ginn am Fong geholl vill Plazen, wou s de spezifesch Ënnerstëtzung oder Hëllef kanns kréien. Déi meeschte Leit wëssen och doriwwer Bescheed. Ech informéieren och ëmmer erëm, dann héieren ech: « Jo, bei der Agence sociale immobilière do war ech schonn, beim Foyer Ulysse do hunn ech och schonn ugeklappt, mam RMG Fonds National dat leeft.» An da stellen ech fest, dass d'Leit meeschtens wëssen, wou se wat kënne kréien. Si hu just hiert Selbstvertraue verluer. Dat kann een och verstoen. Si hunn oft munches erlieft, wat tatsächlech d'Selbstvertrauen staark kann ugräifen amplaz opbauen. Ech kann dat ganz gutt novollzéien. An awer ass et oft esou, dass, wann een an där Positioun do stieche bleift, ee kee Vertrauen huet an sech selwer, a seng Méiglechkeeten, wann ee kee Vertrauen huet a Bezéiungen, dass een dann einfach keng Loscht méi huet, keng Freed méi huet, fir an d'Zukunft ze goen. Dann ass et ganz oft esou, dass déi Leit am Fong hir eege Méiglechkeeten, hir Kompetenz, déi se dann awer nach irgendwou hunn, net kennen, dass se déi ënnerschätzen. Do probéieren ech am Fong geholl, iwwer d'Schwätze mat de Leit déi Reserven, déi si awer meeschtens hunn, a Beweegung ze setzen.

- **Komme vill Männer heihinner, oder sinn et der och vill, déi sech net trauen?**

Déi, déi net heihinner kommen, respektiv déi, déi sech net trauen, dat weess ech jo natierlech net, wéi eng dass dat sinn. Awer ech si sécher, dass vill Männer heihinner kommen, déi net géife soss anzwousch goen, well dëse Service sech ausdrécklech u Männer went, well si och wëssen, dass Männer hei sinn, déi mat hinne schwätzen. A ganz oft ass et am soziale Sekteur esou, dass ee ganz vill mat Fraen ze doen huet. Dat ass jo gutt, ech hunn näischt géint d'Fraen, déi maachen hir Aarbecht gutt, awer munchmol ass et esou, dass eng Fra, deemno a wéi enger Suergen si huet, deemno a wéi enger Kris dass se stécht, da schwätzt si léiwer mat enger Fra. An e Mann schwätzt léiwer mat engem Mann. Ob dat elo wierklech ee groussen Ënnerscheed mécht oder net, dat ass eng aner Fro. Awer ganz oft ass et esou: ech muss elo mat engem Kärel doriwwer schwätzen, wat soll dann eng Fra do verstoen. Ech weess net, wat d'Leit an hirem Kapp denken, awer déi Tatsaach, dass Männer hei schaffen, schéngt wierklech dozou ze féieren, dass och eng Rëtsch Männer sech heihinner berode loosse kommen. Ech hunn den Androck, si géife vläicht net bei aner Servicer goen, wou si laang mussen op e Rendez-vous waarden, wou si mengen, si missten sech vläicht propper undoen a propper Schong undoen an de Baart maachen an esou. Hei kënnen si kommen, wéi se wëllen. Dat gëtt et zwar och natierlech op anere Plazen. Dat war elo net gutt ausgedréckt, wat ech gesot hun, mä komm ech soen et einfach esou, munch Männer gi léiwer bei e Mann, an hei wëssen si, datt si op e Mann treffen, an dat schéngt wichteg ze sinn.

- **Wat sinn d'Pläng, fir d'Zukunft fir Infomann fir auszebauen?**

Jo, do musse mir mol kucken, wat d'Zukunft bréngt. Am Moment, mir besti jo eréischt säit engem Joer. Et gëtt eng Iwwerleeung fir zum Beispill zu Esch oder iergendwou am Süden, vläicht am Norde vum Land och ee Büro opzemaachen, well dat ass am Moment deen eenzege Büro fir d'ganzt Land. ‚t ass jo awer wäit, wann een aus dem Éislek kënnt, oder deemno, wou een am Minet schafft, ass och net ëmmer evident, heihinner ze kommen. Datt ass mol eng Iwwerleeung, an dann eng aner, mä datt ass wierklech nach ganz vague, datt mir och Ënnerkonft ubidden, also Noutënnerkonft, net op laang Dauer, awer vläicht a Krisemomenter kënnen d'Méiglechkeet ze bidden, engem Mann fir e puer Deeg oder eng Woch en Daach iwwer dem Kapp ze ginn, fir dass hie seng Situatioun an de Gréff ka kréien, dat schéngt néideg ze sinn. Mä well mir grad eréischt ugefaangen hunn, ass dat am Moment och finanziell a wäiter Zukunft.

**Merci fir d'Gespréich.**



# Notruf
## Notfall

Was ist ein Notfall? Dumme Frage natürlich! Wenn man beispielsweise einen Herzinfarkt erleidet, muss schnell geholfen werden, jede Sekunde zählt. In diesem Falle kann man EU-weit eine Nummer wählen: die 112, normalerweise wird schnell geholfen.

Ich persönlich musste einmal den Nodienst in Anspruch nehmen. Dies war am 5. April 2012 morgens gegen 8.15 Uhr. Ich stieg aus einem Zug und rutschte die Treppe herunter. Mein linker Fuß verhakte sich zwischen dem Bahnsteig und der Treppe. Ich versuchte den Fuß aus dieser Spalte herauszubekommen, doch dabei verdrehte er und es schmerzte abscheulich, binnen Sekunden schwoll mein linker Fuß dermaßen an, dass ich ihn nicht mehr bewegen konnte. Ich humpelte aus dem Bahnhof und setzte mich fünf Minuten in die Bahnhofshalle und überlegte, was ich tun sollte. Ich glaubte wirklich, dies sei nur eine Schwellung, die nach kurzer Zeit vergeht. Bestimmt nicht so schlimm, Pustekuchen!

Eine Frau im Bahnhofswartesaal sagte mir: „Sie müssen sofort in die Notaufnahme, sonst kann dies schlimme Folgen haben". Ein Fall für den 112. Wenig später kam ein Nortarztwagen und man fuhr mich auf eigenen Wunsch nach Esch-sur-Alzette ins CHEM. Nach 20 Minuten kam ich an und ich wurde gleich in die Notaufnahme gebracht.

Nach den üblichen Formalitäten wurde mir eine Wartenummer zugeteilt. Röntgenuntersuchungen folgten, der dienstuende Arzt, der mich auch später operierte, sagte: „Wie haben Sie das bloß angestellt, so einen komplizierten Fall hatte ich noch nicht, für mich eine richtige Herausforderung. Sie werden lange nicht arbeiten können."
Ich wurde dann für zwei Monate krankgeschrieben, eine regelrechte Hiobsbotschaft für mich, da ich nicht untätig sein wollte. Nach der Untersuchung erfolgte dann einige Tage später die Operation und langwierige Rehamaßnahmen.

Ich habe gute Erfahrungen mit der Notfallmedizin gemacht, alles klappte wie am Schnürchen, vielleicht weil es nichts Lebensbedrohliches war.

*JEF*

112

## OPGEPASST
op falsch Kollekten a falsch «Mataarbechter»

## ATTENTION
aux fausses collectes au profit de la Stëmm vun der Strooss

D'Stëmm vun der Strooss deelt mat, datt si nach ni an och ni wäert Leit schécken, fir an hirem Numm Zeitungen ze verkafen oder einfach Suen opzehiewen.

Wann also ee bei iech doheem schellt a seet, hie wär e Mataarbechter vun der Stëmm vun der Strooss, gitt him w.e.g. keng Suen a sot der Police Bescheed.

L'association Stëmm vun der Strooss n'a jamais donné comme mission à ses bénéficiaires de faire du porte à porte en vue de collecter des fonds.

Si un jour une personne se présente chez vous pour vous demander de faire un don au profit de notre association, ne lui donnez rien et contactez immédiatement la police.

* * * * * * * * * * * * * * * * * *
* * * * * * * * * * * * * * * * * *

## DR STËMM CONSULTATIONS MÉDICALES GRATUITES

Consultations médicales gratuites deux fois par mois le mercredi après-midi dans les locaux de la Stëmm vun der Strooss 105, rue du cimetière L-1338 Luxembourg. Renseignements supplèmentaires au numéro: 49 02 60

Gratis medizinische Behandlung jeden zweiten Mittwoch nachmittags in den Räumlichkeiten der Stëmm vun der Strooss 105, rue du cimetière L-1338 Luxembourg. Zusätzliche Auskünfte unter der Nummer: 49 02 60



# Notdienste/
## Services d'urgence

### Notdienste / Services d'urgence

- Rettungsdienst / Service de secours: **112**
- Polizei / Police : **113**
- Infotelefon : **90 07 12 34 –1** Apdikten / Pharmacie de garde
  **2** Kliniken / Hôpitaux de garde
  **3** Tierärzte / Service de garde des vétérinaires
- Info-Viol : **49 58 54**
- Info-Social : **8002 98 98**

### Krankenhäuser / Hôpitaux

- Centre Hospitalier de Luxembourg : **47 11-1**
- Centre Hospitalier régional du Nord : **81 66-1**
- Centre Hospitalier Emile Mayrisch : **57 11-1**
- Clinique Pédiatrique, Luxembourg : **44 11 31 33**
- Cliniqe St Marie, Esch-sur-Alzette : **57 12 3-1**
- Hôpital Kirchberg Tél : **24 68 1**

### Notsituation / En cas de détresse

- SOS Détresse : **45 45 45** *(24h/24h)*
- Help24 : **26 70 26** *(24h/24h)*
- InfoMann : **27 49 65**
- Fraentelefon : **123 44** *(Lundi-vendredi, 9h-15h)*
- Kanner-Jugendtelefon : **123 45**
- Femmes en détresse : **40 73 34**
- VISAVI : Vivre Sans Violence
  Fraen a Nout : **49 08 77** *(Lundi-vendredi, 9h-17h)*
- Oxygène – Bureau d'information pour filles en détresse
  Informatiouns-Büro fir Meedercher an Nout : **49 41 49**
- Femmes battue
  Geschloë Fraen : **44 81 81** *(24h/24h)*
- Service Streetwork Interactions : **621 249 416**
- Fondation Pro Familia : **51 72 72**
- Enfants disparus/Enfants en détresse
  Kannertelefon : **116 000**
- Senioren-Telefon : **247 86 000**
- SOS Alzheimer : **26 432 432**

### Bei Obdachlosigkeit / En cas de sans-abrisme

- Foyer Ulysse : **26 49 68 - 1**
  3, Dernier Sol
  L-2543 Luxembourg
- Foyer Paul Faber : **35 70 04** (für junge Männer / pour jeunes hommes 18-25 ans)
- Abrigado - foyer de nuit pour personnes majeurs toxicomanes : **27 36 84 66**
  8, route de Thionville
  L-2610 Luxembourg
- Foyer ABRISUD : **26 53 23 59**
  45, rue de la Fontaine
  L-4122 Esch/Alzette
- Meedercherhaus / Refuge pour jeunes filles en détresse : **29 65 65** *(24h/24h)*
- Foyer Sud – Fraen an Nout : **54 57 57**
  10, rue de l'Église
  L-4106 Esch/Alzette

### Hëllef a Berodung / Écoute Assistance

- Elteren-Telefon : **266 405 55**
- L.A.S.H asbl. Lëtzebuerg (Angschthëllef) : **59 45 90 / 52 45 90**
  (Angst, Panikattacken, Phobien, Zwang)
- Riicht Eraus – Beratungsstelle für Gewalttäter / Centre de Consultation et d'Aide pour Auxeurs de Violence : **26 19 04 44**
- Mobbing asbl. : **28 37 12 12** *(8h-12h)*
- Aids-Berodung vum Roude Kraiz / Info SIDA de la Croix Rouge : **40 62 51**
- CARITAS Acceuil et Solidarité : **26 49 68-1**
- Wäisse Rank – Hëllef fir Affer vu Verbriechen / Aide aux victimes de la criminalité : **40 20 40**

### Sucht-Beratung / Assistance Dépendance

- Jugend an Drogenhëllef / Aide aux toxicomanes et leurs familles : **49 10 40**
- Anonyme Alkoholiker / Alcooliques Anonymes : **48 03 22** Luxembourg-ville
  **81 10 66** Ettelbruck
- Sucht-Telefon : **49 60 99**
- Narcotiques Anonymes : **621 24 20 64**
- ama.lu asbl (Alcool Médicaments Addiction) : **26 78 28 58**

### Beratungsstellen / Services de consultation

- Centre de Santé Mentale Luxembourg : **49 39 29**
- Planning familial : **48 59 76**
- Réseaux Psy Oppen Dir (Esch/Alzette, Grevenmacher) : **54 16 16**
- Stressberodungsstell (Beratungsstelle fur stressbedingte Probleme) : **27 49 4-222**
- Acceuil et information juridique / Kostenlose Rechtsberatung
  (droit civil, bail à loyer, divorce, droit pénal, droit du travail)
  Luxembourg : **22 18 46** *(Lundi-vendredi, $8^{30}$h-12h et 13h-$16^{30}$h)*
  Diekirch : **80 23 15** *(Mercredi, 9h-$11^{30}$h et $14^{30}$h-17h)*

© .marqs / photocase.com

# Interview

## mam Här Kauffmann an mam Här Heiles,

### vun den Stadter Beruffspompjeeën

- **Säit wéini ginn et hei am Land d'Beruffspompjeeën?**
Säit dem Joer 1922. D'Beruffspompjeeë ginn et just an der Gemeng Lëtzebuerg. Am Joer 1921 sinn et relativ vill grouss Bränn ginn, wou och zimlech vill Schued entstanen ass. An do huet de Gemengerot Enn 1921 decidéiert, fir d'Beruffspompjeeën ze grënnen. 1922 hunn déi éischt Leit ugefaangen.

- **Wou sinn d'Beruffspompjeeë stationnéiert?**
An der Stadt op der Arelerstrooss beim Fussballsstadion. An éischter Instanz si mir fir d'Gemeng Lëtzebuerg zoustänneg. Et huet sech awer erginn, dass mir och fir aner Gemengen zoustänneg sinn. Besonnesch mat der Ambulanz fuere mir méi wäit, ewéi mat de Pompjeesween. D'Pompjeeë si limitéiert op Stroossen, Bartreng, Kopplecht, Bridel. Mä wann elo eppes ass, wat awer och méi wäit ewech ass, da maache mir dat och.

- **Wéi vill Leit hutt dir?**
Alles an allem 188. Dat sinn d'Beruffspompjeeën, d'Leit am Büro an d'Mechanicienen.

- **Wéi eng Viraussetzunge muss een erfëllen, fir kënne Beruffspompjee ze ginn?**
Schoulesch muss een en CATP an engem Beruff hunn. Entweder Schlässer, Mecanicien a.s.w. Da muss een natierlech kierperlech absolut fit sinn. An och sportlech muss een op der Héicht sinn. Dat gëtt och alles ofgefrot, lafen, schwammen, Leeder klammen, Seel klammen, Sit-up maachen, e Parcours mat 30kg um Réck. Dat sinn eng ganz Partie Conditiounen, déi mir verlaangen an eréischt, wann all déi Saachen an der Rei sinn, da ginn déi Bescht hei agestallt.



- **Wéi gesäit en normalen Dagesoflaf vun engem Beruffspompjee aus?**
Mir schaffen all Kéiers 12 Stonnen d.h., déi Equipe déi mueres hei ufänkt, schafft vu mueres 8 Auer bis owes 8 Auer. Den nächsten Dag schafft déi Equipe da vun owes 8 bis mueres 8. An dann ass se 2 Deeg fräi. Mir hu 4 Equippen. Am Dag mussen se zu 21 sinn an nuets zu 19. D'Zil ass, dass mir en Effektif vun 30 Leit pro Equipe hunn. Dat heescht, mat 30 Leit mussen der am Dag 21 do sinn. Mueres um 7.55 Auer fänkt déi eng Equipe un, da sinn 2 Equippen do. Da geet déi eng Equipe heem an déi aner iwerhëlt. Wann elo um 7.50 en Asaz kënnt, da fiert d'Equipe vun der Nuetschicht nach eraus. Well dann d'Equipe vun der Dagesschicht schonn do ass, hu mir de Virdeel, dass dann zwou Equippen do sinn. Dofir gëtt et esou gehandhaabt. Déi Leit, déi ufänken, ginn opgeruff an agedeelt. Wann elo ee vun der Dagesschicht feelt, da bleift ee vun der Nuechtschicht do, bis deen dee feelt, ukomm ass.

- **Wéi oft a wou trainéiert dir? Wéi gesäit ären Training aus?**
Also op der Nuetschicht gëtt geübt. An dann de Week-end, well do manner Asätz sinn, huet een do méi d'Méiglechtkeet ze üben. An der Woch kënne mer dagsiwwer net üben, well da méi Asätz sinn, an da sinn der net vill hei bannen. An da maache mir och emol gréisser Übungen, do kommen d'Leit an hirer Fräizäit eran, wou mir dann eng gréisser Übung maachen oder e Stage man, wou mir eng ganz Woch laang üben, mä dat kann ee wierklech just maachen, wann d'Leit an hirer Fräizäit erakommen an dann üben. Mir fueren och an d'Ausland z.B. op Dortmund fir Tunnelbränn, do fuere mir entweder 3 Deeg oder mol eng Woch, deemno wéi dat ass, dat mussen d'Leit och an hirer Fräizäit man. Mir huelen da vun all Equipe 3 bis 4 Leit mat, fir datt mir dann zu 12 oder 16 sinn, fir do ze üben, awer de Betrib muss normal weiderlafen an d.h du kanns vun all Equipe maximal nëmme 4 Leit mathuelen, soss geet et net méi duer mat de Leit, fir dann eben den Mindestsoll vun 21 ze erfëllen.

- **Wéi vill Asätz hutt dir pro Dag a wéi eng sinn dat?**
Dat ass ganz verschidden, also ech mengen et sinn Deeg, do hu mir 30 Asätz a bei aner Deeg do huet een der mol 50-60 oder souguer nach méi! Mir haten der schonn an déi 70, an dat an deenen 12 Stonnen. Dat ass awer dann haaptsächlech vun der Ambulancësäit, wou mir dann déi meescht hunn, mä da kënns de awer och op déi 10 bis 12 Asätz vun de Pompjeeën. Dat ass z.B. d'Dier opman, d'Kaz vum Bam huelen, oder et ass eng Iwwerschwemmung, lauter esou Saachen, eng Uelegspuer, et muss net ëmmer Feier sinn, oder eng Iwwerpréiwung, e Brandmelder an esou Saachen. Apaart am Wanter, wa Glatäis ass, da kann et mol sinn, dass op eemol an enger Stonn 20 Leit erausfueren, da fuere mir mat 6-7 gläichzäiteg eraus oder wann Äiszapfen ewech ze maache sinn, dann op eemol rifft d'hallef Stad un: hei iwwerall hänken Äiszapfen. An da sinn do zwou Eqippen, déi maachen de ganzen Dag soss näischt aneres an owes hu se d'Fangere gefruer. Da kënns de labber op 75-80 Asätz am Dag, loosse mer soen, wann esou Deeg sinn! Dat ass schonn extrem. Mir waren och scho mat dräi Leedere gläichzäiteg ënnerwee, nëmme fir Äiszapfen ewech ze man, a mir hu just dräi Leederen.

- **Wat ass de genauen Oflaf vun engem Asaz?**
Majo d'Meldung kënnt an der Telefonszentral eran, den Telefonist hëlt d'Meldungen op, dat gëtt alles dokumentéiert d.h. iwwert Computer, an d'Telefonsgespréich gëtt dann och opgeholl. Den Telefonist freet bestëmmte Froen, get an déi am Computer an. Am Computer as eng Ausréckuerdnung hannerluecht an dann fueren déi bestemmten Ween eraus. D.h. hien seet, dofir brauche mir just een NAW oder dofir brauche mir just eng kleng Ambulanz oder eng Leeder. An hie schéckt dat dann eraus. Am Bedarfsfall kann hien awer och Ween bäisetzen. Et ginn och Statusen, déi musse gedréckt ginn. Unhand vun denen Statusen gesäit hien dann ëmmer, wou de jeeweilege Won drun ass an op e fräi ass, a.s.w. An dat funktionnéiert bei alle Ween d'selwecht.

- **Wéi lang dauert et vum Nouturuff un, bis dir um Asaz sidd?**
Dat ass schwéier ze soen. Den Noutruff dauert an der Moyenne eng Minutt. Et kënnt och op d'Leit un, déi uruffen. Vill Leit ruffen un a sinn net fäeg ze soen, wou iergendeppes geschitt ass. Da muss ee véi vill Mol nofroen an dat hëlt och onheemlech Zäit ewech, Leit ruffen un a soen: kommt séier, kommt séier, mäi Papp ass gefall, meng Mamm ass gefall an dann hänken se an, dann hu mir keng Adress, da freet een no, jo wat ass da genau geschitt? Ass et eng eeler Persoun, ass et eng jonk Persoun, dat ass heiansdo ganz wichteg, fir déi Saachen erauszefannen oder et gëtt nogefrot, ass et eng Persoun, déi scho geplot ass mam Häerz, da kann den Telefonist sech denken, eng eeler Persoun, mam Häerz geplot, si hëlt Medikamenter fir d'Häerz, dann ass et éischter fir de SAMU, oder wann elo moies um 9 Auer e Meedche vu 17 Joer, dat ëmgefall ass, well et mat grousser Wahrscheinlechkeet moies näischt giess huet, dat kann och sinn, muss awer net sinn. Bei dëse Saache mierkt den Telefonist schon, wat kéint sinn, an da freet e ganz oft no, e bëssen iwwert d'Geschicht vum Patient, an da si ganz oft Leit, déi da soen: stellt elo net esou domm Froen, kommt direkt! Mä et ass awer wichteg, fir datt mir esou genau wéi méiglech Bescheed wëssen. Et ass dat selwecht, wa gesot gëtt, et ass e Busaccident, et ass awer een Ënnerscheed, wann et en eidele Bus ass, just mam Buschauffer dran oder e volle Bus. Dat ass eng grouss Differenz. Dofir ass et scho wichteg, datt mir do nofroen. Et ass d'selwecht mat engem Camion, op deen elo geluede war oder net a mat wat, dat spillt jo awer eng grouss Roll. Dofir musse mir ëmmer nofroen an da kann dat mol méi laang daueren. A bis mir op engem Asaz sinn, dat ass en Ënnerscheed, wann dat elo um Belair ass, wou mir an 3 Minutte sinn oder op elo zu Hamm eppes geschitt ass, wou mir da 7-8 Minutte brauchen oder vläit zu Beggen, wou et och méi laang dauert. Mir kënnen esou net soen: jo mir sinn an 8 Minutten op der Plaz.

- **Wien entscheet, wéi e Material an/oder Transportmëttel fir de jeeweilegen Asaz gebraucht gëtt?**
Majo, de Computer am Prinzip. Oder den Telefonist. A wann deen en Zweifel huet, da freet en de Sectiounschef. A wann deen och elo net sécher wier, da freet en ee vun eis. De Computer entscheet, wat erausgeschéckt gëtt an den Telefonist kann dann och net manner schécken, ewéi dat, wat de Computer him seet. Hie kann zwar Ween derbäi setzen, awer keng ewech huelen. Och op d'Gefor hin, dass mer fir näischt erausfueren.



- **Kommen da vill der Uriff, wou näischt derhannert ass?**
Dat gëtt et. Awer Gott sei Dank ass et ganz seelen. Villäicht eng Doze Mol am Joer. Et ginn och Méiglechkeete fir Leit ze fannen, wou si net mengen, dass mer se kéinte fannen. An dat gëtt quasi d'selwecht bestrooft ewéi Mord. Dat heescht mat Prisong tëschent 10 a 15 Joer.



- **Operéiert dir landeswäit oder just regional?**
Wéi gesot, och landeswäit, wann et néideg ass.

- **Fuert dir och iwwert d'Grenz, wann elo e Groussbrand wier oder esou?**
Dat géinge mer och maachen. Mä dat ass awer nëmmen ze maachen, wa mer direkt Leit eraruffen.

- **Schafft dir a verschiddene Situatiounen och mat den fräiwëllege Pompjeeën zesummen?**
A verschiddene Situatioune sécher. De leschten Asaz hate mer elo zu Izeg. Do war ee mam Auto zimlech déif erofgefall. Do hu mer mat de fräiwëllege Pompjeeë vun Hesper zesummengeschafft. Mir haten och schonn dacks mat den Escher Pompjeeën Asätz zesummen. Entweder si mir op Esch gefuer, wann si e Groussbrand haten oder si sinn heihinner komm, wa mir e Groussbrand haten. Bei Saachen, wou vill Manpower gebraucht gëtt, do ruffen si entweder eis oder mir ruffen si.

- **Wann déi fräiwëlleg Pompjeeën iech ruffen, wéi ass dann d'Hierarchie? Ween huet dann de Kommando iwwert den Asaz?**
Am Prinzip ëmmer de jeeweilige Kommandant vun de fräiwëllege Pompjeeën. Mä si iwwerloossen eis gären d'Asazleedung. Wann et e gréisseren Asaz ass, da kënnt de Kantonalinspekter op d'Plaz. Mä fir gewéinlech loossen si eis gewäerden, well mir jo awer trotzdem déi meeschten Erfahrung hunn.

- **Hutt dir eng professionnell Ausbildung, déi déi fräiwëlleg Pompjeeën net hunn? Wou ass den Ënnerscheed?**
Wéi gesot, eis Ausbildung ass net mat där vun de fräiwëllege Pompjeeën ze vergläichen. Ech si jo vu klengem un och an de fräiwëllege Pompjeeën an dofir weess ech och, wéi dat ass. Schonn eleng d'Ausbildung als Rettungsassistent zum Beispill. An Däitschland ass dat e Beruff fir sech. Bei eis mécht een d'Formatioun vum Rettungsassistent gläichzäiteg mat der Pompjeesausbildung.

- **Musst dir Formatioune maachen, a wéi oft?**
Mir mussen dauernd Fortbildunge maachen, well et komme jo permanent nei Saachen. Mir mussen d'Theorie genau esou gutt ewéi d'Praxis beherrschen. Dat hält ni op. Du léiers ëmmer eppes Neies derbei.

- **Mussen déi fräiwëlleg dann och permanent Formatioune maachen?**
Am Prinzip sollten se dat schonn. Dat schwieregst ass ganz einfach, fir se alleguer an déi Formatioun ze kréien. Wa bei eis zum Beispill während der Nuetschicht eng Formatioun ass, da wëssen déi vun der Dagesschicht näischt dovun. A wann déi an der Formatioun sinn, dann ass ee fräi oder ass krank. Dann ass deen och net an der Formatioun. Dat ka bis zu dräi, véier Méint daueren, bis se alleguer duerch déi eng Formatioun sinn. Dat kënnen déi fräiwëlleg net maachen. Déi hunn eemol an der Woch eng Übung. Verschidde Corpsen nach manner. Wéi motivéiert ee Fräiwëlleger fir zwee, dräimol an der Woch ze trainéieren an en plus nach all Dag hir Permanence ze maachen bis an da mat der Ambulanz respektiv mat de Pompjeescamionen ze fueren? An dat alles fir null Euro. Dat ass bal net méiglech. Wat nach e Problem ass: Nuets um halwer dräi ginn se geruff, fir villäicht eng Persoun an d'Klinik ze féieren. Da ginn se um hallwer véier erëm geruff, fir déi Persoun erëm heemzeféieren. Dann ass et hallwer fënnef an um siwen Auer stinn se op, fir schaffen ze goen. Dat ass och problematesch fir d'Leit motivéiert ze kréien, fir derbäi ze bleiwen. D'Leit si motivéiert fir op en Asaz ze goen, wou wierklech eppes geschitt ass, mä si sinn net motivéiert, fir eppes, wou si gesinn, dass et näischt ass an dass déi Persoun, wéinst där si um dräi Auer nuets opgestane sinn, och hätt kéinte mam Bus oder mam Taxi fueren.

- **Ginn är Mataarbechter, déi um Telefon sinn, extra ausgebilt, fir Leit, déi Hëllef brauchen, um Telefon ze berouegen?**
Jo, effektiv. Déi maachen och déi Formatioune mat an si kënnen iwwer Telefon engem Uruffer erklären, wat e beispillsweis bei engem Herzinfarkt ka maachen, bis dass d'Ambulanz do ass.

**Här Kaufmann, Här Heiles villmools Merci fir d'Gespräch**



# Eine Frage der Zeit

Wer von euch schon einmal in einer Notfallsituation war, der weiß, was er in einem solchen Fall zu tun hat. Je nachdem ob er einen Krankenwagen, die Feuerwehr oder die Polizei benötigt, ruft er entweder die 112 oder die 113 an und sofort ist dann die Hilfe da. Wirklich sofort? Nicht unbedingt. Anhand von ein paar Beispielen, die ich entweder selbst erlebt habe, oder wo ich Zeuge war, möchte ich euch zeigen, dass Notfall nicht gleich Notfall zu sein scheint und dass die Helfer entweder erst sehr spät oder überhaupt nicht gekommen sind. Und einmal waren sie auch ziemlich überfordert. Ich möchte auch festhalten, dass ich nicht nur schlechte Erfahrungen gemacht habe. Ganz im Gegenteil. Diese Beispiele sind eher die Ausnahme. Zum ersten Mal hatte ich im Alter von sieben Jahren mit dem Notruf zu tun, als ich mir beim spielen die Hand gebrochen hatte. Meine Eltern brachten mich in die Klinik nach Petingen, von wo ich später mit dem Krankenwagen in die Kinderklinik nach Luxemburg gebracht wurde. Für damalige Verhältnisse, (das war 1980) klappte alles reibungslos. Dann kam der November 2000. Unser Haus in Pintsch brannte. Mein Bruder rief die Feuerwehr. Da sie nur drei Kilometer von uns entfernt waren, kamen sie auch recht schnell. Wobei, "schnell" trifft es nicht unbedingt. Da es sich um eine kleine Dorffeuerwehr handelte, ist es verständlich, dass sie nicht das gleiche Material zur Verfügung haben, wie eine größere Feuerwehr. Sie hatten damals nur einen Wagen, und mit dem kamen sie ganz gemütlich den Berg gefahren. Sie hatten aber immerhin das Blaulicht an, das muss man ihnen zugute halten. Als der erste Feuerwehrmann aus dem Wagen gestiegen war, machte er sich ein Bild von der Situation und rief ganz erstaunt aus: "Oh, das ist ja ein Großbrand!" Nicht, dass wir das nicht gesagt hätten. Wie auch immer. Er stiefelte also zum Wagen zurück um erstmal Verstärkung anzufordern. Dann legten sie die Schutzausrüstung an. In diesem Haus hatten wir ein kleines Küchenfenster, wo schon im Normalfall kein Mensch durchpasste. Jetzt versuchten die, allen Ernstes mit ihrer Schutzausrüstung da rein zu kriechen. Als sie dann feststellten, dass das nicht ging, fragte einer: "Wo ist denn hier die Eingangstür?" Jetzt müsst ihr wissen, dass dieses Haus ein Eckhaus war und die Eingangstür sich eben um die Ecke befand. Unnötig zu erwähnen, dass es währenddessen munter weiter gebrannt hat. Passiert war bis dahin aber noch gar nichts. In der Zwischenzeit war die Verstärkung aus dem 10 km entfernten Wiltz eingetroffen und hatte schon mit löschen begonnen. Die kleine Dorffeuerwehr war hier absolut überfordert. Einmal wurde ich Zeuge als im Bahnhof Luxemburg ein Mann zusammengebrochen war. Es standen Leute einer Sicherheitsfirma um ihn herum und erst nach ungefähr 20 Minuten kam der Krankenwagen. Ich weiss aber nicht, wie lange er schon da lag, als ich gekommen bin. Ich bin kein Arzt und deshalb sah es für mich so aus, als hätte der Mann zuviel getrunken. Aber sicher weiss ich es nicht. Und auch die Männer von der Sicherheitsfirma konnten das nicht sicher wissen, denn auch sie sind keine Ärzte. Aber selbst wenn der Mann "nur" betrunken war, ist das kein Grund um so verspätet zu kommen. Wäre der Mann in Lebensgefahr gewesen, er hätte diesen Tag nicht überlebt. Da muss man sich dann die Frage stellen, ob ein Betrunkener kein Recht auf die schnellstmögliche Hilfe hat. Bei der Polizei das gleiche Bild. Dreimal war ich in der Situation, dass ich die 113 anrufen musste. Mit eher bescheidenem Erfolg. Einmal wurde ich Zeuge als ein Mann im Zug seine Frau schlug. Ich sagte, er solle damit aufhören und rief auf bitten der Frau die 113 an. Es klingelte und klingelte, aber es meldete sich niemand. Und dabei war es nicht mal sehr spät. Es war gegen 19 Uhr. Wenn es da etwas dringender gewesen wäre… nicht auszudenken. Ein anderes Mal sah ich gegen 21 Uhr einen volltrunkenen Mann mitten auf der Straße laufen. Ich rief die 113 an und hatte ein Tonband an der Strippe das mir mitteilte, dass alle Leitungen momentan besetzt seien. Etwas später hatte der Mann glücklicherweise die Straße verlassen. Auch hier war in einem Fall von höchster Lebensgefahr keine Hilfe verfügbar. Einmal schaffte ich es tatsächlich, jemanden zu erreichen. Allerdings nicht am Telefon. Vor einigen Tagen fand ich gegenüber vom Bahnhof einen herrenlosen Koffer. Da sich niemand darum kümmerte, und ich nicht wusste was in dem Koffer war, entschloss ich mich, die 113 anzurufen. Es war um 21.30. Wie zu erwarten, erreichte ich niemanden und beschloss daher selbst (natürlich ohne Koffer) im Präsidium vorstellig zu werden. Ich ging also zum Präsidium das direkt am Bahnhof war. Dort kam nach einiger Zeit ein freundlicher Herr um zu fragen um was es ginge. Ich erklärte ihm den Fall und er versprach sich umgehend darum zu kümmern. Es dauerte aber nochmal ungefähr 5 Minuten, bis sich zwei Beamte auf den Weg machten. Wäre es dringender gewesen… Aber naja… Das hatten wir ja schon. Oder vielleicht war gerade das der Grund. Vielleicht war es nicht dringend genug. Kurze Zeit später jedenfalls tauchten sie mit dem Koffer wieder auf und verschwanden im Präsidium. Trotzdem drängt sich mir der Verdacht auf, dass Notfall nicht gleich Notfall ist. Wie dem auch sei, das waren, wie gesagt, Ausnahmen. Ausnahmen, die aber trotzdem zu denken geben. Und die ein schlechtes Licht auf die Frauen und Männer werfen, die diese (nicht immer einfache) Aufgabe mit ganzem Herzen und zu unser aller Nutzen erfüllen. Denen möchte ich auch ein ganz großes Lob aussprechen. Sie haben es wirklich verdient.

*Patrick*

# Informatiounen
## zur Air Rescue

**Wat ass d'Air Rescue? Wéini a mat wéi engem Zil gouf si gegrënnt?**
D'Air Rescue ass eng privat an eng gemengnëtzeg Organisatioun, déi 1988 gegrënnt ginn ass, mat dem humanitären Zil, duerch den Asaz vu Rettungshelikopteren an Ambulanzfligere Mënschen an Nout ze hëllefen.

**Wéi vill a wéi eng Leit gi bei engem Asaz mam Helikopter an am Ambulanzfliger agesat?**
Bei engem Helikopter-Asaz setze mir 4 Leit an, dat heescht 1 LAR Pilot, 1 LAR Hems Crew Member (Helicopter Emergency Medical Service), 1 Noutdokter an 1 Intensivinfirmier aus der Klinik, déi Déngscht huet. Bei engem Ambulanzfliger-Asaz ginn och 4 Leit agesat, dovun 2 LAR Piloten, 1 LAR Fachdokter fir Anästhesie je no Bedarf, 1 LAR Intensivinfirmier oder speziell fir de Lofttransport ausgebilten Infirmier.

**Wéi vill Helikopteren a Fligeren hutt dir?**
Mir hu 4 Fligeren a 5 Helikopteren, dovunner ee mat engem Seel fir Biergungsaktiounen.

**Schafft dir vill mat der Protection Civile zezummen?**
Jo, am November 1991 ass d'Air Rescue no laange Verhandlunge mam Staat am SAMU-System integréiert ginn.

**Wéi vill mol gitt dir an der Moyenne am Joer geruff?**
Ongeféier 3000-mol am Joer fléie mir Asätz, souwuel zu Lëtzebuerg, wéi an der Grossregioun, mat den Helikopteren a mat eisen Ambulanzfligere weltwäit.

**Flitt dir och a Katastrophegebidder?**
Jo, mir fléien och a Katastrophegebidder fir ze hëllefen, a Cooperatioun Kooperatioun mat den Aussen- a Cooperatiounsministèren, Kooperatiounsministèren, der NATO an de Vereenten Natiounen.

**Wee finanzéiert d'Air Resque?**
D'Air Rescue gëtt haaptsächlech vun de Membersbäiträg, vum Staat a vun Done(n) finanzéiert a kritt e klenge Subsid vum Staat.

**Wéi vill Mataarbechter hutt Dir?**
D'Air Rescue huet iwwer 150 spezialiséiert Mataarbechter.

**Wat ass d'Missioun vun der Air Rescue?**
Äis Missioun ass d'Liewe vu Mënschen an Nout ze retten an hir Gesondheet ze erhalen.
Dat maache mir mat Hëllef vu Rettungshelikopteren an Ambulanzfligeren, zu Lëtzebuerg, an der Grossregion a weltwäit, 365 Deeg am Joer, ënner Berécksichtegung vun héije Sécherheets- a Qualitéitsstandarden.

**Wat ass är Visioun?**
Äis Visioun ass, am Sënn vun eise Memberen a Patienten, am Beräich vun der Loftrettung an der medizinescher Réckféierung vu Leit an Nout, zu deene Beschten ze gehéieren.

**Wat sinn är Wäerter? U wat gleeft dir?**
Äis Wäerter sinn äis Memberen, Patienten, Partner an Clienten, a mir gleewen u Leadership, Vertrauen, Teamgeescht a Professionalitéit.

**Wéi gesäit ären Training aus a wéi eng Viraussetzunge mussen d'Leit hunn, fir bei Iech ze schaffen?**
Et hängt hänkt vum Beruff of, Pilot, Infirmier, Dispatcher, Dokter, Ingenieur, et sinn alles Beruffer, wou et schwéier ass, Leit hei zu Lëtzebuerg ze fannen. Mir leeën och grousse Wäert op Training an eis Leit gi regelméisseg a Formatiounen.

**Wou flitt dir d'Leit hin, déi Blessuren duerch Verbrennungen hunn?**
Déi Patienten, déi ënner schwéiere Verbrennunge leiden, ginn an d'Ausland, meeschtens an d'Belsch bruecht, fir do weider versuergt ze ginn, dëst, well et déi Spezialisatioun hei zu Lëtzebuerg net gëtt.

**Mir soen der Air-Rescue villmools Merci fir dës Informatiounen.**



© taviphoto / photocase.com



# Selbstmordgedanken
## Akute Gefahr oder nur unsinnige Einbildung?

Als im Jahre 2009 der deutsche Fußballtorwart Robert Enke sich vor den Zug warf, war die ganze Sportwelt erschüttert. Sein Tod kam für jeden außenstehenden total unerwartet, denn Enke stand immerhin nur 2 Tage zuvor noch im Kasten des Bundesligavereins Hannover 96. Keiner wusste, dass hinter diesem ach so idealem Profisportler sich auch ein Mensch verbirgt, der wegen dem Tod seiner Tochter und der enormen Belastung im Berufssport seit Jahren schon unter schweren Depressionen litt.
Es ist sicher kein Geheimnis, dass unsere Gesellschaft heutzutage immer mehr von Stress dominiert wird. Nicht nur in der Arbeitswelt, sondern auch schon in der Schule oder im täglichen privaten Leben ist man einem gewissen Druck ausgesetzt, der für viele Menschen nur schwer zu bewältigen ist. Es ist daher kein Wunder, dass immer mehr Stresskrankheiten entstehen, von welchen Menschen aus allen sozialen Klassen betroffen sind. Der endgültige Beschluss sich umzubringen ist dann für Viele der letzte Ausweg aus ihrer Lage.
Die Problematik rund um das Thema Selbstmord ist jedoch, dass man nur schwer erkennen kann, wann und in welchem Ausmaß eine Person suizidgefährdet ist. Da Betroffene sich nur ganz selten von selbst behandeln lassen und Außenstehende kaum bis gar nicht in den Kopf des Opfers hineinsehen können, werden Selbstmordgedanken meistens ignoriert - mit oftmals fatalen Folgen.
Wenn dann aber trotzdem mal ein Betroffener sich gewollt zeigt, mit seinen Selbstmordgedanken nach Hilfe zu beten, ist es sehr schwierig, die passenden Anlaufstellen zu finden. „Wo gehe ich mit meinen Problemen hin? Soll ich in die Notaufnahme gehen? Wie wird man mir da helfen? Gibt es ein Hilfstelefon?" All das sind nur ein paar Fragen, die sich ein Suizidgefährdeter wohl stellen wird. Bekommt er auf seine Fragen keine Antwort, wird sich seine Situation definitiv nicht verbessern. Fragt er sich dann zum Schluss auch noch, ob sein Leid überhaupt noch zu heilen ist und bekommt er auch dieses Mal keine Lösung, dann steht sein Beschluss zum Freitod wohl fest.
Ab wann ein Selbstmordgedanken dringend bedrohlich ist und ob es sich vielleicht doch nur um nicht ernst zu nehmende Einbildungen handelt, bleibt ebenfalls eine schwer zu klärende Frage. Viele Menschen, vor allem Jugendliche, drohen sofort damit sich umzubringen, sobald es mal im Leben nicht so läuft wie sie sich das wünschen. In Wahrheit sind das aber meistens eher Hilferufe an die Eltern und Freunde. Die Jugendlichen verlangen dabei nach Anerkennung und sind noch meilenweit von einem echten Selbstmordversuch entfernt. Das Schlimme daran sind jedoch die Ausnahmen - solche Leute, die ernsthafte Probleme haben, die verzweifelt sind und nicht mehr weiter wissen, werden dann manchmal nicht wahrgenommen, weil es einfach zu viele von den gerade erwähnten Dummschwätzer gibt.
Was es heißt, wenn eine dir nahe liegende Person sich für den Freitod entscheidet, habe ich am eigenen Leibe schon spüren müssen. Mein Vater wurde nämlich ebenfalls depressiv, da er den tragischen Tod meines Bruders nicht verkraftete. Allerdings war diese Depression, von der ich übrigens nichts wusste, praktisch gar nicht bemerkbar und ich hätte nie im Leben daran gedacht, dass mein Vater seelisch so krank wäre. Erst 2 Tage vor seinem Selbstmord verriet mein Vater mir, dass er krank sei und sich vielleicht irgendwann behandeln ließe. Da ich allerdings erst 10 Jahre alt war, wusste ich noch gar nicht, um was es eigentlich ginge. Weil mein Vater in seinen letzten beiden Tagen ein ganz anderer Mensch war, war ich jedoch total verängstigt. Auch meine Mutter sah die Bedrohlichkeit der Situation nicht. Bis zu dem Tag als meine Mutter und ich nach Hause kamen und den Abschiedsbrief auf dem Küchentisch sahen...
Schienensuizid, wie bei Robert Enke...
und wieder ist die ganze Welt erschüttert...
Was bleibt, sind nicht nur positive Erinnerungen an den verstorbenen Vater, sondern auch, besonders in der frühen Zeit danach, sehr viele Vorwürfe. Hätte man alles voraussehen und verhindern können? Hätte man meinen Vater nicht alleine lassen dürfen, wo er doch so merkwürdig wirkte? Hätte man ihn nicht zur Behandlung schicken sollen? Hätte, hätte... Fast auf den Tag genau 10 Jahre danach, weiß man mittlerweile, dass es keinen Sinn macht, sich diese Fragen zu stellen. Eher finde ich wichtiger, noch viel mehr Aufklärungsarbeit zum Thema Suizid in Luxemburg zu machen als es bis jetzt der Fall ist. Vielleicht sollte man die Aufklärungstätigkeiten schon in den Schulen beginnen, denn wie bereits angesprochen, findet man dort schon die ersten Selbstmordgefährdeten. Auch sollte es mehr Anlaufstellen für Menschen mit Suizidgedanken geben. Auf keinen Fall darf aber über die Problematik geschwiegen werden, denn sonst wird es noch viel zu viele Opfer geben, die Hilfe gebraucht hätten aber keine bekamen...

*Jay*

# Eine wahre
## Geschichte

Es ist ein heißer Sommermittag. Ich bin froh über diese Hitze, denn in der letzten Woche hat es fast die ganze Zeit geregnet. Die Straßen sind leer. Ich vermute, dass nicht alle so froh sind wie ich und sich vor dieser unerwarteten Wärme zu Hause verstecken.
An der Kreuzung ist eine kleine Grünfläche angelegt: Rasen, ein paar Blumen, aber keine Bäume. Ich sehe jemanden da liegen und sofort komme ich auf schlechte Gedanken: vielleicht ist er tot? Kein Schatten, die Sonne knallt direkt auf seinen Kopf. Ich komme näher und bemerke, dass er sich bewegt. Gott sei Dank, denke ich. Aber irgendwie habe ich Angst mich noch mehr zu nähern. Möglicherweise ist das Ganze fingiert, der Mann wartet nur auf die Gelegenheit mich zu überfallen? Ich entscheide weiter zu gehean, doch mein Gewissen plagt mich. Ich kann diesen armen Mann doch nicht hier liegen lassen. Bestimmt braucht er Hilfe und da ist keiner außer mir... Was soll ich tun, was soll ich tun??? Mein Telefon habe ich heute nicht dabei, keine Telefonzelle in Sicht, aber..... Ja, natürlich - ganz in der Nähe ist doch eine Polizeistelle! «Polizei - dein Freund und HELFER». Ich laufe schnell dorthin.
- «Guten Tag! An der Kreuzung hinter der Brücke ist eine kleine Rabatte. Da liegt ein Mann. Vielleicht braucht er Hilfe?»
- «Moment mal. Zuerst wer sind Sie? Wie heißen Sie? Haben Sie einen Ausweis?»
Mit zitternden Händen hole ich mein Ausweis aus der Tasche.
- «Können Sie bitte jemanden dort hin schicken? Ich befürchte, dass dieser Mann bewusstlos dort liegt und die Sonne scheint direkt auf ihn.»
- «Wie sind Sie zu uns gekommen? Warum haben Sie nicht angerufen?»
Als ob es jetzt wichtig wäre... - denke ich, aber bleibe höflich:
- «Ich bin zu Fuß gekommen, oder besser gesagt - gelaufen. Ich habe kein Handy bei mir und ich wusste, dass die Polizeistelle nicht weit weg liegt, also dachte ich, es wäre am schnellsten.»
- «Na gut, ich werde es weiter leiten. Auf Wiedersehen!»
- «Ist das alles?»
- «Natürlich ist es alles, machen Sie sich keine Sorgen!»
- «Danke schön, Tschüss!»
Erleichtert gehe ich meinen Weg und versuche mich zu erinnern, wohin ich eigentlich wollte?
Diese Episode hat mich etwas aus der Bahn geworfen... Ah ja, jetzt weiß ich wieder! Aber meine Gedanken bleiben noch immer bei dem armen Mann...
Nach zwei Stunden fahre ich mit dem Bus zurück. Als wir an der Kreuzung ankommen, schaue ich automatisch auf die Stelle, wo ich heute diesen Mann gesehen habe. Was war mit ihm los? War er vielleicht verletzt? Oder die Hitze war ihm zuviel? Ist er schon im Krankenhaus?Meine Augen werden immer größer: ER LIEGT IMMER NOCH DA...

*eLKa*





# COOLtour






## «Les Misérables» in Wiltz

«Les Misérables» ist nicht erst seit dem gleichnamigen Film mit Hugh Jackman, Russel Crowe, Anne Hathaway u.v.m. vielen Leuten ein Begriff. Seit 1985 gehen viele Musicalfans nach London, wo das Stück seitdem ununterbrochen aufgeführt wird.

Grundlage für das Musical ist der gleichnamige Roman von Victor Hugo, der im Frankreich des 19. Jahrhunderts spielt und die Geschichte von Jean Valjean erzählt, der wegen Diebstahls von einem Stück Brot zu 19 Jahren in Ketten verurteilt wurde. Nachdem er auf Bewährung entlassen wurde, wollte niemand ihm helfen. Nur der Bischof von Digne gab ihm zu essen und ein Bett. Als 'Dank' stahl ihm Valjean sein gesamtes Silber. Doch anstatt ihn deswegen zu verklagen, schenkte ihm der Bischof das Silber mit der Bitte, ein neues und vor allem redliches Leben zu beginnen. Valjean verschwindet, womit er gegen seine Bewährungsauflagen verstößt und wird nun von Polizeiinspektor Javert gejagt. Da «Les Misérables» zu meinem Lieblingsmusical geworden ist, war es für mich selbstverständlichm, am 27. Juli nach Wiltz zu gehen, wo es im Rahmen des Kulturfestivals aufgeführt wurde. Und weil es alleine nur halb soviel Spaß macht, ging meine Freundin auch mit, da sie das Musical auch sehr gerne mag. Da ich keinen Kulturpass habe, musste ich natürlich den vollen Preis von 65 Euro bezahlen. Aber das war es mir wert. Das Ensemble des Stadttheaters Brno (Tschechien) lieferte eine wunderbare Vorstellung ab, mit der Kulisse des Wiltzer Schlosses als Hintergrund, was natürlich wunderbar zur Geschichte passte.

Das Wiltzer Kulturfestival findet jedes Jahr statt und bietet für jeden etwas. Von Jazz über Ballet, Musicals bis hin zur Oper. Mit dem Kulturpass kann man jede Vorstellung besuchen, man muss nur an der Abendkasse sein Ticket bestellen, das ja mit dem Pass 1,50 Euro kostet. Der Nachteil daran ist, dass, je nachdem, was aufgeführt wird, an der Abendkasse keine Plätze mehr verfügbar sind, da das Festival immer sehr gut besucht und meistens auch ausverkauft ist. Ein Besuch des Festivals für alle Kulturfreunde empfiehlt sich aber trotzdem.



*Patrick*

# De Mann
## mam Hummer

*Wie kennt net déi Nummer*
*vum Mann mam Hummer?*

*Haut nach Millionär*
*Jo, dat hu mir gär*

*Moar schunns den RMG*
*O, dat ass e pickege Wee*

*Mat e bëssche Chance nees ënnerdach*
*mä och dann ass däi Brout net gebak*

*Meeschtens kritt een nëmmen eng AIP*
*domat ass nach kee Staart gemeet*

*Dofir sidd iech bewosst, ouni Motivatioun*
*ass villes nëmmen Illusioun*

*JEF*

# Cas spéciaux aux urgences




Mes propres expériences en cas d'urgence ne sont pas toujours les meilleures. Je voudrais soulever la question comment certains médecins des urgences vous jugent et vous traîtent si vous êtes un patient qui consulte un psychiatre. C'est mon cas.

Un soir, je suis allée aux urgences pour deux problèmes de santé. Après une attente de plus de deux heures un médecin m'a ausculté. Il a été très sympathique et m'a soigné pour mon premier problème. Puis il m'a demandé mon numéro de sécurité sociale et il a vu dans l'ordinateur que j'étais une patiente d'un de leurs psychiatres de l'hôpital. A partir de ce moment là, il a changé d'attitude avec moi. Je lui ai expliqué mon deuxième problème et il m'a pratiquement crié dessus qu'il allait s'occuper de mon premier problème et que je devais me taire. Il ne s'est même pas occupé de mon deuxième problème et m'a renvoyé à la maison. Malheureusement, je n'ai pas eu le courage de me défendre. Je ne suis pas quelqu'un d'agressif. J'ai fait de mauvaises expérience avec les médecins quand ils savaient que je suis schysophrène ou que je consultais un psychiatre, alors maintenant je ne dit plus rien. Ce n'est pas marqué sur mon front et personne n'a besoin de savoir.

Je suis allée voir un autre médecin et j'ai dû attendre deux semaines pour avoir un rendez-vous. Trois jours de traitement adéquat et j'étais guérie.

Ce qui m'est arrivée est malheureusement très fréquent dans nos établissements hospitaliers et dans les urgences surtout, où les médecins sont souvent débordés et parfois dépassés par la situation, par manque de personnel pour prendre les patients en charge. Je peux les comprendre aussi. Mais ce n'est pas une raison pour traiter certains patients comme ils le font. J'espère que beaucoup de médecins liront mon article et seront à l'avenir plus indulgents avec certains patients.

*Angel*

# Leserecke






## *Een (typesch) lëtzebuerger Nationalfeierdag*

*Nationalfeierdag 2013. Wéi all Joer, ganz Luxembourg-City voll mett rout-wëiss-bloe Fändelen, iwwerall Concerten a Musik an obwohl ët ëmmer erëm liicht gereent huet, d'Stroosse schwaarz vu Leit. Sou ee Fest, mett séngem Fakelzuch an engem ëmmer méi genial grandiosem (an och ëmmer méi deieren) Freedefeier lockt 10.000 Leit aus dem Land en vu ronderëm an ons Stad. D'Rome soutzen zu engem gudder Dosen matt hire Mippercher beim Cercle, fir dëst Fest, dat fir all d'Leit am Land geduecht ass, ze feieren. Hamburger, Pitaën, vill grouss Fleschen an och Schampes, deen si an de Buden um Knuedler kaaft hunn. Matt deem wat ee lëtzebuerger Clochard a säi Bettelbecher kritt, kann ech mir all déi Saachen nët leeschten...*
*Ech hat di ganz Woch iwwe ziimlech Problemer matt den Roma. Si sote mir, dass déi Platz, wo ech matt méngem Becher sëtzen, de Roma gehéiert an dass ech nét méi do sëtzen däerft. Zwëin Deeg viru Nationalfeierdag ass ee vun hinne mir sou laang matt sénge Fanger duurch d'Hor an duurch d'Gesiicht gefuer, bis ech mech op di aner Säit vun der Strooss gesat hunn. Géint séng kapotten Hand a säi klenge Mippchen, dat och nach op enger besserer Platz, well d'Leit do direkt virun engem laanscht ginn, hat ech keng Chance a fir souvill a mäin Däppchen ze kréien, wéi d'Leit him en enger Stonn goufen, hätt ech wohl ee ganzen Dag misse sëtze bleiwen. Ee Gléck, dass ech geléiert hun matt ganz wéineg auszekommen an dass ech keng Hausdéieren hun, déi ech dann och nach misst fidderen!*
*Sou geholl war ech frou, dass d'Roma gefeiert hunn. Ech hu mir geduecht, wa kee vun hinne matt séngem Becher wëllt do sëtzen, könnt (däerft) ech dat maachen, an der Hoffnung och fir mech e puer Sou op Nationalfeierdag ze kréien. D'Leit si nët sou schlecht wéi hire Ruff a besonnesch sou een Dag werfe si och puer Mënzen an de Becher vun engem ale Clochard. Wat mech besonnesch gefreet huet (villëicht dach e bësselchen Hoffnung fir eist «Geld ass alles» - Land) war, dass déi meescht, déi mir eppes goufen, Jonker waren, dorënner och vill Lëtzebuerger(innen). Mä d'Freed war nët vu laanger Dauer; d'Realitéit huet den Draam ageholl. Ee vun den Roma ass bei mech riwwer komm, huet mäi Becher eidel gemeet a mir méng Zigaretten a mäi Briquet weggeholl. Hien ass bei déi ener zréck gaang; si hunn iwwer mech gelaacht a mech verspott an dun weider gefeiert, genausou wéi déi meeschten (awer ganz sécher nët all) aner Leit hei am Land. Alles wat deem domme lëtzebuerger Clochard vum Nationalfeierdag zu Lëtzebuerg blouf, war Jëitzen, Fluchen a Kräischen. E grousse Merci all deenen, déi d'Gesetzer stëmmen, déi sou eppes méiglesch maachen!*

*allu*

## *La petite fille et la sale ordure*

*Il faisait beau, assez de soleil pour être agréablement au chaud, mais pas autant pour avoir les yeux qui coulent et le vieux clochard était assis au "Knuedler" en train de faire du tabac à partir des mégots qu'il avait l'habitude de collecter dans les cendriers ou de ramasser dans la rue. Soudain, il aperçut une petite fille, peut-être agée de 5 ou 6 ans, qui se dirigea vers lui, une petite bourse blanche et rose dans ses mains. Et en s'avançant vers lui, sans montrer aucune angoisse devant cet homme aux vêtements sales et aux cheveux et à la barbe longs et non soignés, même lui envoyant son sourire d'enfant, elle ouvrit sa bourse et en tira des pièces, sans aucun doute pour les lui offrir. Elle n'arriva pas jusqu'à lui, car elle fut interrompue dans son intention par ses parents qui, à partir du monument Guillaume II, l'appelaient et en gesticulant des bras, lui criaient d'immédiatement revenir auprès d'eux. La petite fille quitta le vieux clochard, sans oser lui jeter un dernier regard et rejoignit son papa et sa maman qui continuaient à lui faire des reproches pour ce qu'elle avait voulu faire. Ils lui expliquaient qu'il ne faut jamais parler et surtout ne jamais donner du fric ou n'importe quoi d'autre à ces paresseux qui, au lieu de travailler, passeraient toute la journée à boire de l'acool et à prendre des drogues. Qu'il ne s'agirait pas d'êtres humains comme elle-même ou sa famille et voisins, qu'en fait ils ne seraient rien d'autre que des sales ordures.*

*Le soir, la petite fille, dans son petit lit, réfléchissait longtemps à ce que ses parents lui avaient raconté à propos des clochards. Elle se donnait toute la peine du monde, mais elle n'arrivait pas à comprendre. Pourquoi serait-il faux de partager un tout petit peu de toutes ces choses qu'eux, ils possédaient avec quelqu'un qui manifestement n'avait même pas de sous pour acheter des cigarettes? Et si le clochard n'avait pas non plus d'argent pour s'acheter de quoi manger, qu'est-ce qu'il ferait, n'aurait-il pas faim? N'aurait pas mal au ventre et à la tête, ne deviendrait-il pas malade? Est-ce que ce serait vraiment juste de laisser mourir les clochards pour la seule raison qu'ils sont paresseux et boivent du vin tout le temps? Mais il y avait autre choses qui la tracassait encore beaucoup plus: Le clochard qu'elle avait rencontré au "Knuedler" ressemblait bien à un être humain, il ne lui semblait pas si différent d'elle même, de ses parents ou de ses camarades de classe. Pourquoi son papa l'avait alors appelé une sale ordure? Serait-ce parce que sa veste était déchirée et pleine de taches ou parce qu'il ne s'était pas lavé pendant toute la semaine ou parce qu'il aurait peut-être des petites bêtes dans sa longue barbe? La petite fille réfléchissait et réfléchissait encore, mais elle n'arrivait pas à trouver des réponses à toutes ses questions. Finalement, juste au moment où elle se demanda si l'on est une ordure dès l'âge de bébé ou si l'on ne le devient que plus tard et si peut-être elle aussi pourrait devenir une ordure un jour, elle s'endormit et comme les gosses oublient très vite, elle ne pensait plus au clochard et aux sales ordures le lendemain.*

*Quelques années plus tard, quelques jours après son 12ième anniversaire, pour lequel elle avait reçu plein de cadeaux, la fille passait ensemble avec des amis devant un autre clochard qui, adossé à un arbre sur la place d'Armes, s'était étendu au soleil. Tout comme ses copains, elle le montrait du doigt, l'appelait "vieux dégueulasse" et faisait des blagues vulgaires sur lui et sur tous les clochards. Elle était maintenant assez grande pour comprendre toutes ces choses qui sont trop compliquées pour les petites filles et les petits garçons. Même si elle avait presque tout ce qu'elle désirait et que le clochard n'avait presque rien, cela n'était aucunement une raison pour partager avec lui. Cela ne se fait pas et qu'est-ce qu'en penseraient ses amis et les passants? Et puis si le clochard n'a pas de sous, s'il est malade ou s'il doit mourir, c'est sa propre faute. Il n'aurait qu'à faire comme tout le monde et aller travailler au lieu de ne rien faire, de se soûler ou de prendre des drogues; en tout cas, cela ne la concernait pas du tout elle-même. La fille avait entre-temps aussi compris le sens profond de l'histoire que ses parents lui avaient raconté, lorsqu'elle était petite: pour être un homme ou une femme, il faut avoir du fric (qu'il faut garder pour soi et essayer de multiplier le plus possible et par tous les moyens) et tous ceux qui n'ont rien ou juste un petit peu ou moins que soi-même sont de sales ordures !*

*allu*

# Femmes
## en détresse

Quand on parle de femmes en détresse, on parle le plus souvent de femmes battues. Mais les femmes peuvent avoir bien d'autres problèmes, comme par exemple perdre leur travail et leur domicile. Elles se retrouvent alors à la rue, le plus souvent avec leurs enfants. C'est ce qui m'est arrivée, mais je n'avait pas d'enfant. Aujourd'hui je me dis temps mieux, car les enfants souffrent bien plus des erreurs de leurs parents qu'ils ne laissent paraitre.

En quelques mots j'ai perdu mon travail et mon appartement. J'étais victime de mobbing aussi bien au travail que par mon propriétaire et à cause de cela j'avais des problèmes avec ma famille. C'est une longue histoires et je ne veux pas rentrer dans les détails.

Au début, j'ai essayé de m'aider moi-même. Avec le peu d'argent qui me restait, je suis allée me présenter dans tous les hôtels que je pouvais, pour voir si je ne pouvais pas avoir un travail logé et nourri. Mais je n'ai eu que des réponses négatives, c'est comme ça que je me suis retrouvée à Pétange sans un sou en poche pour retourner à Dudelange, l'endroit où je me sentais le plus en sécurité même étant à la rue.

Un ami m'a prêté 20 francs pour prendre le bus, pour retourner à Dudelange. Arrivée là-bas, je me suis rappelée qu'il y avait un foyer pour femme en détresse et je suis allée sonner à leur porte. On m'a bien acceuillie au foyer où j'ai passé trois semaines quand ma mère est venue me proposer de vivre avec elle.

Merci à la fondation Pro Familia, pour leur accueil et leurs soins. Je n'oublierais jamais ce que vous avez fait pour moi.

*Angel*





# Obdachlosegkeet
## zu Lëtzebuerg



*mam Service Streetwork*

Mir, d'5e C12 aus dem Lycée Aline Mayrisch, waren op Besuch bei der Stëmm vun der Strooss zu Bouneweeg an zu Esch, an och bei der Vollekskichen zu Bouneweg. Mir sinn dohi gaangen fir e Projet iwwer Obdachlosegkeet. Mir wollten erausfannen wéi deenen obdachlosen Leit hiren Alldag ass a waat d'Haaptgrënn vun der Obdachlosegkeet sinn.

Mir hunn vill verschidden Leit vu verschiddenen Nationalitéiten getraff a vill verschidden Liewenstiler kennegeléiert. Mir hu gemierkt, dass d'Leit vill ze séier Virurteeler hunn, z. B. wéinst den Obdachlosen hirem Ausgesin a wéinst hirem Behuelen. Mä et wees een nie, wat si schons alles matgemaach hunn.

Déi meescht si schons an engem jonken Alter a Kontakt mat staarken Drogen an Alkohol komm. Doduerch ass hiert Liewen meeschtens aus der Bunn geroden a si sinn an e schlëmmen Däiwelskrees gefall, wou se dann och net méi erauskoumen. Et ass vill méi schwéier erauszekommen, wéi eran ze geroden – et geet vill méi séier, wéi déi meeschte Leit sech et vläicht virstellen.

Wéi déi vun der Stëmm eis bäibruecht hunn, soll een d'Leit all akzeptéieren esou wéi si sin. Déi Obdachlos ginn oft schlecht ugesin, obwuel vill vun hinnen emol net dofir kënnen, dass si sech kee Liewen wéi déi aaner opbauen kënnen. Sou eng Situatioun kann all Mënsch treffen.

Schons eleng duerch eng Scheedung kann alles futti goen, wéinst Depressiounen a finanzielle Problemer. Et ginn der awer och, déi et vu Gebuert un schwéier hunn, wéinst Familjeproblemer zum Beispill.

Vill Leit sinn dankbar fir dat, wat si an der Stëmm vun der Strooss kréien, a mir hunn dierfen mat eiser Kleedersammlung an eisem Dag Hëllef an der Kichen, am Service a bei der Verdeelung vun de Kleeder e besschen dozou bäidroen.

Fir méi gewuer ze gin, kuckt op: www.obdachlosegkeet.weebly.com



*bei der Stëmm vun der Strooss zu Bouneweg*



*bei der Stëmm vun der Strooss zu Esch*



*D'Kleeder vun onser Sammlung ginn sortéiert*



*D'Kleedersammlung ass e grousse Succès an d'Aarbecht mecht Spaß*



*mam Regisseur Christophe Wagner fir iwwert säin Documentaire Ligne de vie ze schwetzen*



# Klick






















## STËMM COIFFURE

Bereits zum dritten Mal ermöglichte der Frisörsalon „Avant Garde" in Zusammenarbeit mit der Stëmm vun der Strooss es den Leuten, denen es finanziell nicht so gut geht, sich die Haare schneiden zu lassen. Da man, auch wenn es einem finanziell nicht gut geht, trotzdem sauber und gepflegt sein kann, und auch wenn es, wie Alexandra erklärte, nicht die Hauptsorge vieler Leute ist, kamen trotzdem viele Leute in die Schweesdrëpps nach Esch, die extra für diesen einen Tag zum Frisörsalon umgebaut wurde. Wie groß der Andrang tatsächlich war, zeigte sich daran, dass schon Leute da und die Frisöre unter der Leitung von Tiffany und Cyril schon im Einsatz waren, als wir um Punkt neun Uhr ankamen. Man hatte sich an diesem 12. August zum Ziel gesetzt, 100 Leuten die Haare zu schneiden und am Ende wurde das Ziel mit 104 Leuten sogar übertroffen. Für Essen und Trinken war natürlich auch gesorgt. Es ist immer schön, dass es Leute gibt, die sich für andere einsetzen und Freude daran haben. Auch den acht Frisören selbst, die extra ihren freien Tag „geopfert" haben um den Leuten die Haare zu schneiden, machte es wirklich Freude und, wie sie selbst sagen, ist es immer schön, anderen Leuten eine Freude zu machen.

Wir von der Stëmm vun der Strooss sagen stellvertretend für alle ein ganz großes Dankeschön an das Team vom Frisörsalon „Avant Garde".

*Caroline, Patrick*





# Kick

## FUSSBALLTURNIER

Am Samstag den 29. Juni wurde zum zweiten Mal das Fussballturnier „Stëmm schweest zesummen" ausgetragen.

14 Mannschaften nahmen ausser der Stëmm noch teil. Darunter auch bekannte Mannschaften wie Fola, Jeunesse Esch oder der C.S. Pétange. Auch Weiler-la Tour, USBC Berdorf, Kaerjeng, Rodange, Strassen die Mannschaft der Gemeinde Esch und der spätere Turniersieger Merl waren vetreten.

Die Stëmm gratuliert Merl zum Turniersieg und bedankt sich bei allen Beteiligten. Ein besonderer Dank gilt auch der Association UPD aus Wormeldange, die für das leibliche Wohl gesorgt haben.















**EQUIPE RÉDACTIONNELLE**
Michel Hoffmann (en collaboration avec Tania Draut), Cocoon, JeF, eLKa, gen, Patrick, dimi, Wouter, Serge, allu, Jay, Angel

**PHOTOS**
ASS (p.8), R. Brausch (p.8), Stëmm vun der Strooss, comptine/istockphoto (p.1)

**CORRECTION**
Lëtzebuergesch Sprooch an Orthographie: Christiane Ehlinger an Sonia Thewes (ausser den Interview matt der Madame Frank, Infirmière an der Urgence vun der Zitha-Clinique)

**LAYOUT**
**thelen** | werbeagentur
www.thelen-werbeagentur.de

**IMPRESSION**
Polyprint,
44, rue du Canal
L-4050 Esch/Alzette

**ABONNEMENT ET SOUTIEN**
Vous pouvez soutenir nos actions en choisissant l'une de ces formules:

| | |
|---|---|
| Abonnement journal + carte de membre : | **20 €** |
| Abonnement journal : | **15 €** |
| Carte de membre : | **10 €** |

en versant la somme correspondante sur le compte LU63 0019 2100 0888 3000 auprès de la BCEE

D'Stëmm vun der Strooss vient d'obtenir le statut d'utilité publique par arrêté grand-ducal du 29 août 2003. Vous pourrez désormais déduire des impôts les dons que vous nous aurez faits.

**RÉDACTION**
105, rue du cimetière
L-1338 Luxembourg
Tel. 49 02 60
Fax: 49 02 63

redaktion@stemmvunderstrooss.com
www.stemmvunderstrooss.com

Stëmm vun der Strooss asbl est conventionnée avec le Ministère de la Santé et travaille en étroite collaboration avec la Croix Rouge luxembourgeoise.

Les articles signés ne reflètent pas nécessairement l'opinion de l'association.

Parution cinq fois par an.
Tirage 6000 exemplaires.

Stëmm vun der Strooss


**Stëmm vun der Strooss asbl**
105, rue du Cimetière
L-1338 Luxembourg
Tél. (00352) 49 02 60
Fax (00352) 49 02 63
stemm@stemmvunderstrooss.com
www.stemmvunderstrooss.com

LUXEMBOURG




ESCH SUR ALZETTE

32, Grand-Rue
L-4132 Esch-sur-Alzette
Tél. (00352) 26 54 22
Fax (00352) 26 54 22 27
esch@stemmvunderstrooss.com
www.stemmvunderstrooss.com




Rejoignez-nous sur facebook
Join us on facebook
Werde Mitglied auf facebook